



KÄLTÉITENG



Bulletin Communal
Octobre 2014

Séances des 19 juin
et 15 juillet 2014
Sëtzungen vum 19. Juni
an 15. Juli 2014

Gemengerot Sëtzung vum Donneschden, 19. Juni 2014

Dauer: vun 14h30 bis 16h00

Präsenz: John Lorent, Buergermeeschter, Marcel Humbert an Patrick Brücher, Schäffen, Romain Becker, Astrid Belleville, Carlo Birchen, Romain Daubenfeld, Nico Migliosi, Viviane Petry, Camille Thomé, Jean Weiler, Conseilljer'en, Nadine Braconnier, Sekretärin.

Entschëllegt: José Gonçalves dos Anjos an Patrick Krings

Ordre du jour :

1. **Korrespondenz an Informatiounen**
2. **Schoulwiesen**
 - 2.1. Provisoiresch Schoulorganisatioun 2014/2015
3. **Personal**
 - 3.1. Emwandelung vun engem Employéees-Posten
4. **Froen vun de Conseilleren Jean Weiler, Romain Becker a Patrick Krings**

1. Korrespondenz an Informatiounen

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Ech mengen mir kennen eis drop eenegen dass halwer dräi ass. Mir hunn haut e kuerzen Ordre du jour, mee ier mer domat ufänken géif ech feststelle loossen ween als éischt aus der Urne gezunn gëtt.

Ech profitéieren nach fir e puer Informatiounen ze ginn: De José Gonçalves léisst sech haut entschëllegen, deen ass am Ausland an de Patrick Krings ass och an der Vakanz. An dann eng Informatioun ir de Gemengerot déi relative brisant ass mee do waarden ech bis den Här Weiler erëm ass.

- Paus -

Ech wollt de Gemengerot informéieren dass mer d'Informatioun vun eisem Ingenieurbüro kritt hunn dass et e Problem gëtt mam Belag deen an der rue de l'Eau virun Jorzéngten geluecht ginn ass. Doran sinn „polyzyklesch aromatesch Kuelewasserstoffer“ enthalen. Do huet d'Fro sech gestalt wat domat géif geschéien. Dozou 2 Remarquen:

Zesummen mam zoustännegen Ingenieurbüro, déi jo net déi éischt Strooss frësch maachen, war et awer en

Iwwerraschungseffekt dass do PAK'en an der Strooss sinn. Doropshin hunn mir Buerungen iwwert déi ganz Streck maachen gelooss an hunn festgestallt dass de ganzen Belag betraff ass. Mir hunn vum Entrepreneur eng Offer kritt fir deen formgerecht ze entsuergen. Dat muss an Däitschland gefouert ginn an dat sinn Käschten déi natierlech net am Devis initial vun der Waasserstrooss virgesinn waren. An de Käschtepunkt beleeft sech op 140.000 Euro. Mir hunn och haut keen Devis supplémentaire matbruecht, dee bréngen mer en cours de route wann mer e bëssen méi wäit op deem Chantier do sinn. An engem éischten Moment wollten mer eng Contre Expertise maachen loossen mee mir sinn hei an der Urgence well dat Material wat ofgedroen ginn ass, ass beim leschten Haus an der Waasserstrooss entreposéiert ginn an déi Leit hunn mir ugeruff fir mer ze soen dass dat Material richt an si keng Fënster kennen opmaachen, sou dass mer virlescht Woch am Schäfferot décidéiert hunn dat ze entsuergen. Et ass elo en Optrag eraus an Héicht vun 35.000 Euro. Wéi gesot déi ganz Rechnung wäert sech dono op 140.000 Euro bezifferen. Dat ass keng gutt Noriicht dat do well et verdeiert natierlech de Projet mee et ass natierlech e Gesondheetsproblem. Mir hunn och parallel dozou Kontakt mam Entrepreneur opgeholl fir ze kucken wat fir eng Moosnamen ze huelen sinn fir d'Arbëscher ze schützen.

Romain Becker, Conseilljer (DP):

Ech weess dat ass eng Informatioun an et gëtt een normalerweis kee Commentaire dorop mee ech wollt trotzdem Merci soen fir är Transparenz. Et ass eng wichteg Saach dass een informéiert ass. Eng kleng Suggestioun dann nach: Wann an Zukunft Stroossen frësch gemaach ginn wär et gutt wann am Virfeld eng Analyse géng gemaach ginn das seen esou Saachen am Budget direkt kann virgesinn. Well 150.000 Euro sinn net grad wéineg an esou wéisst een direkt am Ufank wat lass ass. Well et wäerten bestëmmt nach déi eng oder aner Stroosse betraff sinn.

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Dir wësst jo dass d'Gemeng Käl relativ vill Opträg bei Schroeder & Associés huet an do gëllt et dat mat hinne ze klären wéi een esou Saachen am initialen Posten kann mat virgesinn.

Romain Daubenfeld, Conseiller (LSAP):

Ass d'Gefor da grouss dass och an aneren Stroossen esou Saachen sinn oder wéi gesäit dat aus? Déi Strooss ass och an 2 Deeler gemaach ginn dat heescht d'Strooss misst net bis uewen hin betraff sinn.

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Dach et sinn Buerungen iwwert ganz Strooss gemaach ginn an et ass iwwerall de Fall.

Romain Daubenfeld, Conseilljer (LSAP):

Ass dat dann e Material wat fréier erlaabt war fir ze schaffen an haut net méi?

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Jo. Mee haut net méi. Also sécher ass dass eisen Service technique bei der nächster Strooss déi ze maachen ass kuckt dass esou eppes net méi kann virkommen. Am Prinzip ass et awer esou dass mer déi Verantwortung un de Bureau d'étude delegéieren mee deen wäert elo natierlech argumentéieren dass en dat net konnt wësen.

2. Schoulwiesen**2.1. Provisoresch Schoulorganisatioun 2014/2015****John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Dat gesot géng ech zum zweeten Punkt vun der Tagesordnung iwwergoen, dat ass den Enseignement. Mir hunn haut déi provisoresch Schoulorganisatioun fir d'Joer 2014/2015 ze stëmmen. Déi muss bis den 1. Juli gestëmmt sinn. Do feelen nach eng Partie Saachen. Verschidden Chifferen kennen nach net drastoen well se nach net bekannt sinn. Och Donnéeën vum Ministère sinn nach net all do. Mir hunn fir d'Schoul en zoustännegen Schäffen hien mécht d'Aféierung an d'Matière an dono kritt d'Presidentin vun der Schoulkommissioun d'Wuert fir den Detail ze erklären.

Patrick Brücher, Schäffen (déi gréng):

Ech faassen mech kuerz an ginn iech just e puer Eckdaten vun der Schoulorganisatioun. Dat ass déi provisoresch Organisatioun, Ännerungen kennen also nach geschéien. Mer hunn 4 Précoce-Klassen, 12 Spillschoulsklassen an 36 Cycle 2-4 Klassen fir d'Joer 2014/2015. Et sinn 810 Kanner ageschriwwen. Mir hunn op der éischer Lëscht een Turnposten à 23 Stonnen, 1 Schwammposten à 23 Stonnen, 1 Accueil-Posten à 23 Stonnen an een à 11 Stonnen an e Cycle 3.2-Posten à 11 Stonnen. Leider huet sech op déi éischt Lëscht kee gemellt sou dass d'Posten op der 2. Lëscht nach eng Kéier ausgeschriwwen ginn. Mir hunn manner Kanner wéi dëst Joer wat natierlech och Auswierkungen op de Kontingent huet, op d'Répartition des classes an op d'Klasseneffektiver. Eis Schoulkommissiounspräsidentin erkläert iech elo am Detail d'Auswierkungen.

Viviane Petry, Conseilljer (déi gréng):

Merci Här Brücher, zum Opbau vum Dokument: Fir d'éischt gesi der eng Oplëschtung vun de Schoulgebaier déi mer hei an der Gemeng hunn, an zwar sinn dat der 7. Dono d'Horairen, déi hunn par rapport zu leschem Joer net changéiert. Moies geet d'Schoul fir

de Cycle 1 um 8 Auer un an hält um 11.50 Auer op. am Cycle 2-4 geet d'Schoul um 7.50 Auer un an hält um 11.50 Auer op. Mëttes geet d'Schoul um 14 Auer un an hält um 15.50 Auer op. Dat sinn reng Stonnen vum Enseignement direct, do ass keng Surveillance age-rechent an och keen Appui pédagogique. Wa mer d'Oplëschtung vun de Klassen kucken mat den Effektiver da gesinn mer dass an der Alexandraschoul, also an der Spillschoul, relativ héich Effektiver sinn, mat 17 oder 18 Schüler. Mir hunn do 12 Klassen an et ass einfach net méiglech nach eng 13. Klass an deem Gebei ënner ze bréngen. Et sinn 2 Klassen wou nëmmen 14 Schüler a Schülerinnen dra sinn dat ass well jeeweils 1 Kand „à besoins spécifiques“ integréiert ass. Am Précoce ass en Duerchschnitt vun 15 Kanner ageschriwwen. De Cycle 2.1 huet en Duerchschnitt vun 14-15 Kanner. An da komme mer bei de Cycle 2.2, do sinn d'Effektiver méi héich. Dat ass doduerch bedéngt dass mer eng Klass hu missten aspueren. D'lescht Joer waren d'Klasseneffektiver schonn relativ nidderech, sou em 14-15 Kanner, an der grousser Vakanz sinn eng ganz Partie vun de Kanner vu Käl fort geplënnert sou dass mer déi Klassen hu missten zesummen schloen an Effektiver vun bis zu 19 Kanner hunn. Géngen awer elo 10-11 Kanner während der Vakanz bäikommen da besteet nach ëmmer d'Méiglechkeet dass d'Gemeng eng Demande un de Ministère mécht fir eng zousätzlech Klass accordéiert ze kréien. Am Cycle 3.1 do hu mer och 13-14 Kanner, am Cycle 3.2 sinn et 13-16 Kanner an am cycle 4.1 sinn och d'Effektiver méi héich well mer eng Klass hu missten aspueren. Vun speziellen Solde fir d'Schoul do hu mer 25 Stonnen Accueil, dat ass fir „primo arrivanten“ aus dem Ausland déi hei an d'Schoul kommen, déi kennen während engem ganzen Joer vun deenen Coursen profitéieren. Fir „d'Mesures de différenciation“ Do hu mer 96 Stonnen, an an all Schoulgebaier een Posten, dat wollt esou den Inspekter. Fir de Plan de Réussite scolaire (PRS) hu mer och nach 17 Stonnen accordéiert kritt. Op de Säiten 7-13 do ass eng Oplëschtung wéivill Intervenanten pro Klass et sinn. Op Säit 14 ass d'Oplëschtung vun de Intervenanten am Appui, Accueil an PRS. Op de nächsten Säiten ass Tabelle vum Scolaria wou mer eis Gedanken gemaach hunn ob déi stëmmt well do net ëmmer e Solde steet. Dat ass awer normal, an der definitiver Schoulorganisatioun wäert awer alles do stoen. An der éischer Kolonn gesäit een d'Tâche vun den Enseignanten. D'Altersdécharge ass schonn ofgerechent. Déi Tabelle gëtt vum Ministère gefouert. Déi Leit déi am Cycle 1 schaffen hunn eng normal Tâche vun 25 Stonnen an déi Leit déi am Cycle 2-4 schaffen hunn eng Tâche vun 23 Stonnen. Dobäi kommen d'Altersdéchargen : vun 45 Joer un kann een 1 Stonn manner Schoul halen, vun 50 Joer un sinn et 2 Stonnen an ab 55 Joer sinn et 4 Stonnen. An der Colonne 2 an 3 sinn ëmmer d'Iwwerstonnen mat den Décharge Stonnen. De Solde kennt doduerch dass d'Stonnen sou wéi

se elo ugefrot sinn nach net onbedéngt vum Ministère accordéiert sinn. Do wou 12 hannendrun steet handelt et sech em Leit déi eng hallef Tâche ugefrot hunn. Den Accord vum Ministère ass awer nach net do. De -2 ass wann et een Moralsposten fir 2 Klassen ass, dee muss an beiden Klassen agedroen ginn. Mee et ass nëmmen eng Kéier wou en déi 2 Stonnen hält. Da sinn nach Leit op der Lescht déi d'nächst Joer a Pensioun ginn. Op de nächsten Säiten ass erkläert wéi déi Déchargen an Iwwerstonnen zesummegesat ginn. Dann hu mer „d'Activités périscolaires“ vun der Lasep wou 3 Persounen Décharge-Stonnen ugefrot hunn. Déi hunn se och accordéiert kritt. Wat hei feelt dat sinn d'PEP déi och mam PRS müssen ausschafft ginn. Deen ass nach net ausgeschafft zu desem Moment an déi kommen dann och an déi definitive Schoulorganisatioun dobäi. D'Membren vum Comité kommen och eréischt an déi definitiv Schoulorganisatioun. Ech geif awer gaeren profitéieren fir iech d'Resultater vun der Comitéeswahl ze soen. An zwar ass gewielt: Hut Nathalie, Kirsch Jeff, Kremer Laurence, Muller Jean-Jacques, Olsem Malou, Scheitler Claudine, Surkijn Yves, Thurmes Daniel a Weyrich Romain. Fir de Posten vum President war just eng Kandidatur do, dat war d'Malou Olsem an dat ass unanime gestëmmt ginn vun de Memberen vum Comité. Dann zum Kontingent. Mir hunn 803 Kanner vum Ministère gerechent kritt, Dat kennt doduerch dass déi Kanner déi manner wéi 5 Plagen am Précoce sinn nëmmen als hallef gezielt ginn. Mir hunn 1457 Stonnen am Kontingent an och Stonnen hors Kontingent: dat sinn 78 Stonnen fir d'Moral ze halen, en Surplus vun 88 Stonnen, deen setz sech zesammen aus 71 Stonnen Cours d'accueil an 17 Stonnen ressources supplémentaires vum PRS. Dat heescht mir hunn zesammen 1625 Stonnen, dat ass den Total fir d'Schoul funktionéieren ze loossen. Mir hunn 1522 Stonnen duerch déi Leit déi elo schonn op d'Gemeng Käl affektéiert sinn. Mir hunn och 2 Leit déi hiren Appui pédagogique an enseignement direct verwandelt hunn. Leçons à occuper hu mer der 103, also Stonnen déi bis elo nach net besat sinn. An der definitiver Organisatioun kennt och d'Occupation des Postes dran, déi ass hei vergiess ginn. Do kann een sech dann e bessert Bild maachen an sech orientéieren.

Wann een d'Evolution démographique kuckt vun deenen Kanner déi elo an de Cycle 2.1 kommen da gesäit een och dass mer de Moment keen Mangel u Klassen hunn.

De Plan de réussite scolaire ass agedeelt an 4 Haaptkapiteln. Fir d'éischt eng Analyse (Stärkten a Schwächen) vun der aktueller Situatioun, dann eng Analyse vun den Objektiv a vun der Planificatioun, dann eng Oplëschtung vun de Ressourcen an dann de „Processus de validation“. Den zweeten PRS ass an der Linn vun deem éischten. Fir d'Objectiver ze fixéieren ass sech un Donnéeën vun der Agence de qualité gestäipt

ginn. D'Stärkten vun eiser Grondschoul sinn d'Bibliothéik mat hiren Aktivitéiten, de Réseau informatique, de Schoulbudget, de Schoulbus, de Mehrschwimmbecken, de Léiergaart an d'Konzept Zwergeland. Bei de Schwächen kënn kloer eraus : d'Sproochentwécklung, déi physesch an psychesch Gewalt an de Schoulen, déi schlecht Verkéierssituatioun, d'Schoulhäff déi méi flott kéinten aménagéiert sinn an d'Hausaufgabenhëllef déi mir hei an de Gemeng nach net esou ubidden. Prioritéiten vum PRS vun 2014-2017 leien bei der Sproochentwécklung an dem Schouklima. Wann een déi Mesuren kuckt fir d'Sproochentwécklung, déi leien virun allem am Cycle 1. Mir hunn festgestallt dass d'Kompetenzen vun eisen Kanner an der Grondschoul wat d'Sproochen ubelaangt ënnert dem Duerchschnëtt vum Land läit. Bei de Kompetenzen am mathemateschen Beräich leien mer deelweis driwwer. Et geet net duer am Cycle 2-4 verstärkten Appui unzebidden. Dat hëlleft näischt wann e groussen Manque do ass dann ass et schwéier do nach vill ze errechen an dowéinst hu mer eis gesot dass mer un der Basis müssen ufänken d'Kompetenzen massiv ze fördern. Eng aner Saach wou mer müssen oppassen ass fir d'Elteren ze sensibiliséieren, dass doheem schonn vill mat de Kanner geschwat gëtt. Et ass wichteg dass se hir Mammesprooch leieren a beherrschen, dann ass et och méi einfach Lëtzebuergesch an der Schoul ze léieren. En aneren Volet ass och d'Weiterbildung vum Léierpersonal wat de logopedeschen Beräich ugeet. Dowéinst hu mer dëst Joer eng Konferenz organiséiert iwwert d'mehrsproocheg Gehir vun der Madame Pascale Engel, Fuerscherin vun der Uni Lëtzebuerg. Si huet hir Resultater hei presentéiert. Kanner déi méisproocheg opwuessen hunn net onbedingt Schwierigkeeten an der Schoul. Au Contraire et huet eng positiv Auswirkung op d'Gehir. De Message un d'Elteren ass kloer: Se sollen vill doheem mat hire Kanner schwätzen. Am Précoce ass et och net esou dass mer d'Mammesproochen aus der Klass eraushalen. Et ass wichteg dass d'Mammesprooch och während deem Joer gefestegt gëtt. Mir hunn eng Demande un de Ministère gemaach fir en intervenant en langue maternelle. Mir hunn awer nach keng Äntwert kritt. Dat soll eng hallef Tâche ginn. Dat soll d'Meiglechkeet ginn fir d'Kanner virun allem am Portugiseschen ze fördern. Weider ass och eng Demande gemaach ginn fir eng Weiterbildung vun didakteschen Methoden vum Léierpersonal. Den Dépistage vun de Kanner déi Schwierigkeeten hunn gëtt och weider gemaach. Vun 192 Kanner vum Cycle 1 hunn 73 Kanner eng Opfällegkeet an der Sprooch opweisen an 23 Kanner ginn betreit well se eng Sproochentwécklungstéierung hunn. Dat heescht ronn 15% vun de Kanner hunn Problemer um Niveau vun der Sprooch. Mir hunn och eng Demande un de Minister gemaach fir hien ze sensibiliséieren wat den Defizit an de Sproochen bei de Kanner ubelaangt fir ze kucken wat do nach fir Ressourcen sinn. Do hu mer awer och

nach keng Äntwert kritt. Mir wëllen nach méi enk mat den Elteren zesumme schaffen fir e perséinlechen Suivi fir déi eenzel Kanner opzestellen wou dono d'Resultater gekuckt ginn. Dat war et fir d'Sproochentwécklung. Patrick Brücher, Schäffen (déi gréng):

Den 2. Grousse Volet vum Plan de réussite scolaire ass d'Schouklima. Am wesentlechen sinn 3 grous Moosnamen virgesinn.

1. D'Aktioun Schoul propper halen an Mülltrennung,
2. Gewaltpräventioun,
3. Réaménagement vum de Schoulhäff.

Dat soll dozou bäidroen dass d'Schouklima verbessert gëtt. Am Kader vun deem Aktiounsplang ass de 7. Juli eng Réunioun mat der Elterevertriedung an enger Delegatioun vum Léierpersonal zu Téiteng am Schoulhaff virgesinn. Do wëlle mer kucken wéi de Schoulhaff soll aménagéiert ginn. Dat Ganzt geschitt an Zesummenaarbecht mam CIGL. De CIGL war och schonn an der Schoukkommissioun fir ze kucken wat méiglech ass.

De Projet „Schoulhaff propper halen“ leeft zënter e puer Wochen an der Testphase. Et ass bis elo vill positiven Feedback komm. Et ass eng Zocht „Kannersurveillance“ déi am Schoulhaff ëmgesat gëtt: 6 Kanner ginn an der Paus ronderëm a kucken dass déi aner Kanner hiren Dreck anstänneg ewech maachen. Dat ganz funktionéiert nom Rotationsprinzip dat heescht dass all Kand eng kéier dru kennt an esou verhënnert gëtt dass d'Kanner déi déi do Tâche iwwerhuelen vun aneren Kanner gemobbt ginn. Dat féiert dozou dass d'Kanner responsabiliséiert ginn. Bis elo schéint dat ganz gutt zu Téiteng ze funktionéieren. An deem Kader gëtt och e Projet „Mülltrennung“ ëmgesat, wou mer an Zesummenaarbecht mat der Gemeng e neit Mülltrennungskonzept wëllen aféieren. D'Struktur an de Gebaier soll erneiert ginn. Mir wëllen Backen déi fir eng Mülltrennung gëeegent sinn an de an de Klassen, an de Gäng an och dobaussen installéieren. D'Mülltrennungskonzept, genee esou wéi de Réaménagement vum Schoulhaff zu Téiteng hoffen mir iech demnächst hei am Gemengerot kennen ze presentéieren. An dem Kader ass och d'Aktioun „Clever akaafen“ virgesinn, wou d'Elteren en Ziedel heemgeschéckt kréien wéi een Material si am Beschten sollen akafen. D'Material an der Spillschoul soll och méi ëmweltfrëndlech ginn. Mir hunn eis iwwerluecht dass mer zum Beispill keng Stëfter huelen aus Holz wat net aus nohaltegem Ubau ass an esou weider. Am Kader vun der Gewaltpräventioun sinn verschidden Formatiounen beim SCRIPT fir d'Léierpersonal virgesinn. Och mat de Kanner selwer. Speziell beim Cycle 4 wou et em d'Thema Gewalt an Drogen geet.

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

E grousse Merci un den Här Brücher an d'Madame Peiry fir hir gutt Viraarbecht. Ech well am Merci awer och

déi Leit abannen déi un där Schoulorganisatioun geschafft hunn: De Schoulcomité, de Schoulservice vun der Gemeng, d'Elterevertriedung an d'Schoulpersonal. Wat mir perséinlech opfällt ass dass d'Kannerzuel em iwwert 40 zeréck gaangen. Do muss een dem Schoulpersonal Merci soen, well do huet d'Klassenzuel missen agoen an do war ni eng Konfliktsituatioun. Déi 40 Kanner sinn quasi exklusiv Kanner déi aus der Gemeng fortgeplënnert sinn. Dat huet natierlech Repercussiounen op alleguer déi Koeffizienten déi d'Schoulorganisatioun ausmaachen. Da maachen mer lo Diskussioun op fir d'Schoulorganisatioun.

Romain Daubenfeld, Conseilljer (LSAP):

Ech géif mech gären dem Merci vum Här Buergermeeschter un den Comité d'école an dem Schoulservice uschléissen well si hunn eng gutt Viraarbecht gemaach. Alarmant ass awer dass 15% vun de Kanner Problemer mat de Sproochen hunn. Do musse mer esou schnell ewéi méiglech probéieren anzewierken. Wéi, dat weess ech net, mee et muss gemaach ginn.

Wann mer d'Leit wëllen dozou bréngen op e méi ökologeschen Wee ze goen da mussen mir d'Material vläicht kafe goen an et dann versichen weider ze verkafen. Well wa mer de Leit en Ziedel heem schécken mat de Saachen déi si sollen kafen da kommen dono komesch Saachen dobäi eraus.

D'Schoulhaff propper ze halen ass eng ganz nobel Aufgabe. Et muss een, Här Brücher, effektiv kucken dass et kee Sträit gëtt. D'Schoulhaff verschéieren, dat hu mir eis op de Fändel geschriwwen an mir mussen esou schnell ewéi méiglech an d'Gäng kommen fir dat ze maachen.

Jean Weiler, Conseilljer (CSV):

Mir hunn d'Schoulorganisatioun duerchgekuckt. D'Opdeelung vun de Klassen bis maximal 19 Kanner ass nach ëmmer tragbar och wann se ufänkt héich ze ginn. Zëmools wann een weess dass do Kanner mat Problemer sinn. D'Organisatioun u sech hu mer fir gutt empfunt. Mir sinn déi verschidden Tabellen duergaangen wat net ëmmer esou einfach war. Et ass e klengen Ënnerscheet tëschen der Tabelle an de Klassen. Et muss een kucken dass de Moment vill Wunnengen a Residenzen gebaut ginn. Et muss een kucken wat dat fir eng Influenz huet. Mee et schéint jo, wéi et ausgesäit, net alarmant ze sinn.

De plan de réussite scolaire, deen der virgestallt hutt, dee begréissen mer. Mir begréissen dat grousst Engagement vum Léierpersonal, der Schoukkommissioun, den Elteren an d'Leit rondrem. Verschidden Saachen doran sinn ganz gutt: Méiglech fréi de Problemer vun de Kanner entgéintzewierken, d'Formatiounen déi gemaach ginn asw. Dass gekuckt gëtt fir den Haff propper ze halen mat de Kanner fir dass se Verantwortung kréien dat begréisse mer. Mülltrennung ass en Thema wat vi-

run 20 Joer méi aktuell war, do waren Verschiddener vum Léierpersonal méi engagéiert an dono ass dat e bëssen oofgeflaut, an et ass gutt dass dat erëm ervirgehuewen gëtt. Ganz oft gëllt d'Mentalitéit: hannert mir kennt schonn iergendeen deen propper mécht. An deier Mentalitéit muss een entgéintwierken. Et muss een d'Kanner léieren selwer verantwortlech ze sinn fir d'Propretéit, dat ass e Schratt an déi Richteg Richtung. D'Elteren sollen och mat agebonnen ginn. D'Schoul kann net alles maachen, d'Elteren hunn och Verantwortung. Den Haaptproblem ass dass een meeschtens déi erreecht déi hir Kanner an der Entwécklung ënnerstëtzen an dass et schwéier ass Elteren ze erreechen wou do e Mangel ass. Se sollen awer drop higewisen ginn dass si och an der Verantwortung stinn. Am grouesse Ganzen hu mer den PRS an d'Schoulorganisatioun als positiv empfunt.

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Dann emfannen ech ären Statement als positiv.

Romain Becker, Conseilljer (DP):

Ech muss soen dass ech an dem Thema net spezialiséiert sinn mee deen, deen et ass, deen ass grad net do. D'Schoulorganisatioun ass eis jo awer net friem. Et ass en Thema wou mer, wat d'Gemengenautonomie ugeet, e bëssen Fiederer gelooss hunn well d'Klassenandeelung, d'Unzuel vun de Klassen an Parametere, dat sinn mathematesch Formelen aus dem Ministère. Do kennen mir just feststellen. Grad wat d'Leierpersonnel ugeet wär et heiansdo gutt e bëssen Zougrëff drop ze hunn wéi dat an der Vergaangenheet war. Dat ass heiansdo ze bedauern. Mir waren eis awer an der Fraktioun eens dass mer dem ganzen Léierpersonal mussen Merci soen fir hiren Asaz. Mir fannen dass mer hei an der Gemeng Leit mat vill Engagement beschäftegen déi ganz vill fir eis Kanner leeschten. Dat selwecht gëllt all deenen Leit die rondrëm d'Schoul engagéiert sinn, an der Schoulkommissioun, bei der Elterevertriedung, déi dat op Basis vun engem Bénévolat maachen. Eis Schoul baséiert op d'Engagement vun de Bénévolen. Grad d'Elteren sinn do och gefuerdert. Eppes misst do verbessert sinn: Eise Schoulsystem misst den Elteren besser vermëttelt ginn. Grad Leit die aus engem aneren kulturellen Ëmfeld kommen hunn vill Schwierigkeeten eisen Schoulsystem ze verstoen. Do muss dru geschafft ginn. D'Elteren hunn haut vill méi Afloss, a mat där ganzer Transparenz déi de Schoulsystem bitt, mussen se méi Informatiounen kréien. Also Merci de Bénévolen déi dorun bedeelegt sinn. Et muss een soen dass trotz der viller Arbescht déi geleescht gëtt, ech huelen d'Beispill vun der Charte scolaire, wann een do mat de Betraffenen schwätzt, da mierkt een dass dat fir si keng Realitéit ass. Et ass en Konzept wat net an d'Praxis ëmgesat gëtt. Mir hunn mat vill Opwand eng Charte scolaire ausgeschafft, mee vun Elteren, Léierpersonal a Kanner kritt een gesot dass

se net wëssen wéi et ëmgesat ginn ass. Et kritt een vun de Kanner kloer gesot dass dat guer net gemaach gëtt. Dat ass schuet. Et ass schuet fir d'Arbescht an d'Käschten déi do dragestach ginn sinn. D'Charte scolaire misst onbedingt nach eng Kéier op de Leescht geholl ginn. Da ginn et awer Themaen wéi d'Sécherheet um Schoulwee, Quartiersschoulen, dat sinn alles Themaen wou et net virugeet. Do ginn et Konzepter fir mat de Kanner den Pedibus ze maachen, Thema Schülerlotsen. Dat sinn alles Themaen wou mer vill ze vill laang driwwer schwätzen wann mer bedenken dass et do em d'Sécherheet vun eise Kanner geet. Mer mussen de Kanner suggéréieren dass se mat agebonnen sinn, an se sensibiliséieren. Dat bidden mer leider net. Zu engem sécheren Schoulwee gehéiert dozou dass mer d'Kanner an och d'Elteren dozou animéieren net méi zevill mam Auto an d'Schoul ze kommen. An der Faubourgsschoul kréien mer oft d'Kritik dass d'Kanner de Velo futti gemaach kréien an da kommen se net méi gären domat. Wann mer do en Incentive kéinten schafen fir dass d'Leit zu Fouss géingen an d'Schoul goen. Et ass net esou dass d'Arbescht fäerdeg ass, mee et huet een den Androck dass zevill geschwat an ze wéineg konkret Mesuren ëmgesat ginn. Da ginn administrativ an juristesche an all méiglech Ursaachen virgeschiebt fir déi Saachen do net praktesch ëmzesetzen. Wat de Schoulhaff vun Téiteng ugeet kéint ee soen dass mer hei schonn eemol en Devis virleien haten fir e fir 800.000 Euro ze renovéieren. Dat war jo eng enorme Zomm. An där ganzer Zait ass näischt geschitt, wat onheemlech schuet ass. Wat elo d'Propretéit am Schoulhaff an d'ökologescht Akafen ugeet do mengen ech dass een d'Leit soll sensibiliséieren awer net forcéieren. Mülltrennung ass haut eng Saach wou een sech wonnert dass dat net ëmgesat ass. Dat gëtt mat vill Tammtamm ugekënnegt. Et ass haut eppes Normales wat soll an d'Weeër geleet ginn. Dat ass dat wat mir als Fraktioun ronderëm déi ganz Schoulorganisatioun ze soen hunn. Nach eng lescht Saach: Effektiv gesäit een en Abroch vun de Kannerzuelen. Wat interessant gewiescht wier ze gesinn ass wéi dat elo an e puer Joer evoluéiert mat der neier Cité, den neien Appartementer déi gebaut ginn. Dat feelt eis e bëssen dass dat berücksichtegt géing ginn. Schoulraum feelt elo net mee wann mer gengen erkennen dass mer eng Kéier en Abroch géingen kréien wär et gutt zu Zäiten wou mer manner Schoulraum brauchen neien géngen schafen, ëmzebauen oder driwwer nodenken wéineg Gebaier géingen a Fro kommen. Et wär interessant eng Vue e puer Joer am Virus ze hunn.

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Merci Här Becker, ass d'DP Fraktioun d'accord mat der Schoulorganisatioun?

Romain Becker, Conseilljer (DP):

Vue dass dat deen techneschen Deel ass, sinn mer domat d'accord.

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Ech wollt e bëssen reagéieren well mäin Zoustännegkeetsberäich jo den Traffic ass. Déi éischt Konklusiounen vun der Trafficétude ginn d'nächst Woch vum Bureau d'étude virgeluecht. Een Deel dovun ass fir d'Kanner sécher an d'Schoul ze kréien an dat waren mer mol of. Ech kann net mat iech op de Wee goen fir Aktivismus un den Dag ze leeën. An all Dossier gëtt et eng Preparatiouns- an eng Exekutiounsphase. Et ka sinn dass een heiansdo net d'accord ass dass d'Preparatiounsphasen ze laang daueren, mee ouni sou eng Phase leit wahrscheinlech d'Resultat dorënner. Et soll een net an Aktivismus verfalen mee richtig iwwerleeë wat een mécht. Dat selwecht gëllt fir d'évolution démographique. Ech hunn net gesot dass mer keen A dorop sollen behalen. Déi Chifferen déi dir virleien hutt gi bis 2019/2020, an och do wäerten nach Changementer kommen. Mee mir sinn awer net ënner Zäitdruck fir vill Schoulraum ze erschléissen esou wéi d'Chifferen elo ausgesinn mat engem Virlaf vun 5 Joer. De Gemengerot deen no dësem kennt kann da Reaktiounen un den Dag leeën. Bei de Quartiersschoulen, do wär et schéin wann mer de 15. September kéinten domat ufänken, mee och do ass eng Viraarbecht ze leeschten an strategesch Iwwerleeungen ze féieren. Dofir hu mer am pluriannuel Suen virgesinn. Ech warnen hei virun Aktivismus. Den Devis vun 800.000 Euro fir de Schoulhaff ze maachen dee war surfait. Mir hunn Abstand vun deem Projet geholl an mir versichen elo mat aneren Moyens d'Liewensqualitéit an de Schoulhaff ze sécheren.

Patrick Brücher, Schäffen (déi gréng):

Op vill Kritik hu der schonn Äntwerten kritt wéi zum Beispill beim séchere Schoulwee an dem Pedibus, deen dann ëmgesat gëtt wann Quartiersschoulen ëmgesat sinn well de Pedibus muss moosgeschnidert ginn. D'Quartiersschoulen sinn wichtig fir d'Weeër méiglech kuerz ze halen. Et ass net esou wéi wa mer net weiderhin um Dossier Quartiersschoulen géingen schaffen. Et ass just e ganz komplexen Dossier deen een net iwwert de Knéi ka brieche. Zu der Charta muss ech iech Recht ginn: ech géing et Schued fannen wann déi ënnert den Dësch géing falen an net gelieft géing ginn. Et ass flott eng Brochure ze hunn mee et muss een se och an der Praxis ëmsetzen. Ech muss awer soen dass déi Punkten am PRS wéi Gewaltpreventioun an Schoulklima ganz staark un déi Wäerter déi an der Schoulcharta definéiert ginn sinn uknäppen. E grouse Volet vun der Charta ass de Respekt. Wat Mülltrennung ubelaangt, virun e puer Joer war der selwer an der Verantwortung, firwat ass do d'Mülltrennung net ouni groussen Tammtamm ëmgesat ginn? Fakt ass dass mer elo keen funktionéierend Konzept hunn an et läit mir fern hei groussen Tammtamm ze maachen an dat hei unzekënnegen. Wichtig ass dass mer eng anstänneg Infrastruktur dohin stellen fir dass d'Mülltrennung méiglech ass, mee och de

ganzem pedagogeschen Volet. Dass d'Léierpersonal zesummen mat de Kanner un deem ganzen Mülltrennungskonzept deelhuele. Dofir war et och wichtig d'Ennerstetzung vum Léierpersonal ze kréien, déi positiv op dee Projet reagiert hunn. Dat mécht et och aus. De séchere Schoulwee ass e Problem. Den Här Buergermeeschter huet drop geäntwert an dat ass och meng Positioun dozou.

Wat Schoulhaff ubelaangt, den Devis vun 800.000 Euro brauch keen. Et ass wichtig dass mer an der aktuellen Finanzsituatioun modest bleiwen. Wichtig ass e gréngen Schoulhaff deen Aktivitéiten bitt. E soll net karg an eidel sinn. Do kann een mat wéinegen Moyens ganz vill maachen.

Viviane Petry, Konseilljer (déi gréng):

Wann ech gewosst hätt dass dir esou fréi wéilt weider an Déift goen vun deem wat inhaltlech an der Schoul geschitt hätt ech mech net esou mat Chifferen ofginn, mee wier méi an de pedagogeschen Beräich agaan. Ech sinn e bëssen erstaunt dass dir mengt dass am Beräich vun der Charta näischt geschitt wier. Et sinn Mesuren ëmgesat ginn mee vläicht ouni groussen Tammtamm, an doduerch ass et net an d'Öffentlechkeet komm. En einfacht Beispill: Eis Chargée de cours huet d'Brochure vun der Charta geholl an déi eenzel Säiten plastifizéiert an an de Gank vun der Sportshal gehaangen. Wann d'Kanner do warden bis de Bus kennt da gëtt do regelméisseg iwwert d'Charta geschwat, iwwert den Émgang deen si mateneen hunn. Ech denken dass trotzdem an de Klassen d'Charta präsent ass mee et gëtt vläicht einfach net mat engem Fest oder enger anerer Mesure no baussen gedroen. Och an der Maison relais ginn verschidden Aktivitéiten em d'Charta gemaach an ech denken wann dir net zerfridden mat deem sidd wéi et leeft dann hu dir jo Vertrieder an der Schoulkommissioun. Dat ass déi richtig Plaz. Da kennen mer driwwer schwätzen an an deem Beräich eppes maachen. Den Elterekomitee ass ganz aktiv a schafft gutt mat an huet vill Fuerderungen wou ech denken dass mer se erfëllen wann mer et nëmmen kennen, mee dir kennt och mat Proposen kommen. Et verbitt iech keen iergend e Fest ze organiséieren mat de Kanner an der Maison relais. Mir kennen do är Ideeën opgräifen an verschaffen. Wann dir et gären dat hätt da kënnen mer och eng Kéier kucken wat fir eng Mesuren vum éischten PRS ëmgesat gi sinn. Ech ka gären eng Kéier den Här Costa froen, deen den Sprocheprojet am Cycle I ëmgesat huet fir am Detail ze erklären wat do ëmgesat ginn ass, wéieng Sprochdefiziten et ginn. Als Gemeng haten mer gesot mir wéilten de PRS ënnerstëtzen, do gëtt et eng Mesure déi ass am gaangen ausgeschafft ze ginn, dat ass d'Konventioun mat BB+? Dir hutt Recht wann dir sot dass et net duer geet d'Kanner an der Schoul ze sensibiliséieren, dat muss schon virdrun doheem geschéien. Et feelt och um Wëssen vun

de Leit. Wei dir sot, de Schoulberäich ass fir verschiddenen Auslänner eppes ganz neits, si fannen sech net do erëm, an do brauchen mer einfach Servicer wou d'Leit eng Hëllef kréien fir déi Mesuren besser auszeschaffen.

Romain Daubenfeld, Conseilljer (LSAP):

Als Fraktioun hätten mir zum Volet Schoul vill ze soen gehat mee zum techneschen Deel wat d'Schoulorganisatioun ubelaangt, deen ganz gutt ass wéi all Fraktioun elo gesot huet, do halen mer eis ganz wéineg op de Rescht do maache mer bal eng ganz Sitzung draus. Do sollen mer och eng Kéier driwwer schwätzen. Mee haut geet et drëm eng Schoulorganisatioun 2014/2015 wat den techneschen Deel ass ofzeseenen. Well gleeft mer zum Volet Schoulen hätten mir och vill ze soen.

Camille Thomé, Conseilljer (CSV):

Ech well ganz kuerz eppes iwwert d'Charta soen. Se ass ausgeschafft ginn vun verschiddenen Leit déi och kucken dass se agehalen gëtt. An do sinn der ganz vill déi sech net vill dorëms bekëmmere. Ech well net op de PRS agoen dat ass jo alles an der Rei mee mir hoffen dass mer do awer no all Trimester eng Erklärung kréien wat sech do an deenen Méint gedoen huet. Net dass dat hei rëm ënnerschriwwen gëtt an da leeft näischt méi. Mir wëllen wëssen wat do geschitt ass an deenen Méint.

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Et geet haut em d'Schoulorganisatioun an ech schléissen mech do deem un wat den Här Daubenfeld gesot huet. Ech hu kee Problem Diskussioun e bëssen lafen ze loossen. All Fraktioun huet iwwert den Artikel 13 d'Méiglechkeet Froen un de Schäfferot ze riichten, do fir well ech déi Diskussioun net an d'Onendlecht zéien. Den Här Becker ass elo e puer mol ugeschwat ginn, do fir géing ech him d'Chance ginn fir Stellung ze bezéien

Romain Becker, Conseilljer (DP):

Wat d'Charta ugeet do huet d'Madame Petry gesot dass dat net géing un d'Ëffentlechkeet kommen, mee dat ass net de Problem. Et muss net déi breet Ëffentlechkeet sinn, mee déi Leit déi et concernéiert, déi mussen den Effet dovou spieren. D'Akteuren mussen spieren dass dat si och betrëfft. Wat d'Matschaffen ugeet do sinn ech natierlech mat derbäi. Ech setzen lo hei als Conseiller an net als Verrieder vun den Elteren. Natierlech ass dat eng Saach iwwert déi wou mer mussen schwätzen wéi déi kann weidergedriwwen ginn. Do wäert och eng Fuerderung vun deem Komitee, deen ech elo hei net verrieden, kommen. D'Charta ass e Schlësselstéck vum Bausteen vun eiser Schoul an déi muss als eng Realitéit vun deenen empfongt sinn déi betraff sinn.

Viviane Petry, Conseilljère (déi gréng):

Ech wollt just dem Här Thomé äntwerten dass all Tri-

mester vläicht e bësse kuerz ass. Déi Mesuren fannen vläicht just eemol d'Joer statt, oft zum Schluss vum Joer. Do presentéieren mir iech dat awer ganz gären.

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Voilà, dann zum Vote. Déi déi mat der provisoirescher Schoulorganisatioun 2014/2015 sou wéi se virläit d'accord sinn déi bieden ech em en Handzeechen. Ween ech dergéint? Ween enthält sech?

EESTËMMEGE VOTE

3. Personal

3.1. Ëmwandelen vun engem Employée-Posten

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Et ass e bëssen komesch. Discussioun ass eigentlech an der Geheimsitzung. Mee mir hunn an engem Service e Problem. E Beamten deen ënnert dem Statut vum Travailleur handicapé schafft gëtt keng Satisfactioun mat deem wat e schafft. Mir hunn en aneren Kandidat ënnert deem selwechten Statut kontaktéiert an ech mengen deen eegent sech bei wäiten besser fir dee Posten ze besetzen. Fir de Moment ass et eng Carrière C, wat Studien ubetrëfft. Fir deen deen de Posten soll besetzen geet et duer fir eng Carrière B1 ze hunn an dofir wollten mer dem Gemengerot eng Rekonversioun vum Posten proposéieren, also en Downgrading vun der Carrière C op Carrière B1. Weider Detailer kritt der ganz gären an der Geheimsitzung mee well et em Personalfairen geet kennen mer dat net an ëffentlecher Sëtzung behandelen. Ween ass domat d'accord? Ween dergéint? Ween enthält sech?

VOTE UNANIME

4. Froen vun de Conseilleren Jean Weiler, Romain Becker a Patrick Krings

4.1 Fro vum Jean Weiler

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Da si mer schonn bei de Froen vun de Conseilleren. Vum Jean Weiler an vun der DP Fraktioun. Et ass un iech!

Jean Weiler, Conseilljer (CSV):

Ech wollt nofroen, do ass viru kuerzem am Atelier e bedauerlechen Accident mat enger Fraise geschitt an souwäit ech mir soen gelooss hunn wier déi Fraise net méi um neisten Stand wat d'Sécherheet ubelaangt. Bei deenen neien Fraisen gëtt et en Hiewel deen wann een

en lass léisst d'Maschinn stoen bleift. Déi hei schéint dat net gehat ze hunn. Dofir wollt ech froen ob déi Frais ausser Betrib geholl ginn ass fir weider Accidenter ze verhënneren oder duerch eng nei ersat ginn ass. Ech wollt och am Allgemengen froen wéi den Zoustand ass vun Maschinnepark wat d'Sécherheet ubelaangt. Wa sou Maschinnen verléint ginn a wei wäit ass do d'Responsabilitéit vun der Gemeng engagéiert?

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Ech fänken mol vir un. Beim Accident den 20. Mee 2014 huet den Travailleur désigné e Bericht geschriwwen dee seet dass déi Fraise op d'Säit gesat ginn ass en attendant dass d'ITM doriwwer géing befannen. Do steet och dran dass et eng „Erreur de manipulation manifeste“ war. Déi Fraise entsprécht den Sécherheitsstandarten, et war kee Feeler un der Maschinn. Am Allgemengen frot der wéi den Zoustand vun de Maschinnen ass: dir wësst dass mer den Här Jeff Schildgen agestallt hunn deen Sécherheitsdelegéierten ass an och am gaangen ass alleguerten déi Commodoen do op de Leescht ze huelen. All déi Certificaten déi mer brauchen sinn ugefrot, mir sinn do um absolutt gудde Wee. En Accident kann een ni ausschléissen mee eis Maschinnen sinn um beschten Stand. Mir stellen als Gemeng dat beschtméiglechsten Material zur Verfügung, ënnert de beschtméiglechsten Sécherheitsbedingungen, dat verhënnert awer net dass trotzdem Accidenter geschéien. Ech ginn iech dee Bericht, Här Weiler, dat ass kee Geheimdokument. Mir hunn ënnert dem Schäfferot 2 Instanzen déi zoustänneg sinn fir d'Sécherheet: Dat ass fir d'éischt emol de Secherheitsdelegéierten deen am Allgemengen fir d'Sécherheet responsabel ass. Do muss ech soen dass deen eng ganz gutt Aarbecht mecht an sech méttlerweil an de Commodo-Dossieren ganz gutt auskennt. Et ass souwisou een deem d'Sécherheet un d'Häerz gewuess ass. An dat anert ass den Travailleur désigné, deen eis och net matgedeelt huet dass eng Maschinn misst ersat ginn. Wann dat esou gewiescht wier, hätten mer selbstverständlech déi Maschinn ausser Betrib geholl an eng nei kaf mee dat war awer net de Fall. Finalement är lescht Fro: Ech hu keng Kenntnis dovun dass Maschinnen verléint ginn well wann zum Beispill eng Camionnette verléint gëtt da kritt de Schäfferot eng Fiche. Iwwert aner Maschinnen huet de Schäfferot keng Kenntnis. Wann een eng mat heem hellt an de Schäfferot weess näischt dovun dann ass dat eng Faute professionnelle.

Jean Weiler, Conseilljer (CSV):

Dir sot d'Fraise wier um neisten Stand souwäit ech weess ass awer bei deenen neien Maschinnen e Grëff drun wou d'Maschinn stoen bleift wann een deen lass léisst. Anscheinend hat déi do Maschinn dat net.

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Deen ass och hei drun. Mee en huet de Grëff net lass gelooss an e stoung mam Réck widdert engem Schëld an d'Maschinn ass em hannertsëch d'Been erop gefuer. Déi Sécherheet ass 100% drun. Mee en huet se net lass-gelooss.

Nico Migliosi, Conseilljer (LSAP):

Här Buergermeeschter, dir schwätzt do vun enger erreur de manipulation. Als travailleur désigné vun engem aneren Betrib froen ech iech: Sinn déi néideg Ausbildungen do fir d'Aarbechter fir op d'Geforen hinzewiesen?

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Déi si gemaach an déi gi gemaach. Mir sinn permanent am gaangen Formatiounen mat den Aarbechter ze maachen. Dee betreffenden Aarbechter ass net fir d'éischt an sengem Liewen mat där Maschinn do gefuer. Mir hunn eng Obligation légale, déi Coursen ginn gemaach an et ass elo sou wéi et soll sinn, wat virun enger Partie Joeren ier mer déi Gemeng hei iwwerholl hunn net de Fall war. An den Här Schildgen mécht eng gutt Aarbecht fir alles op dee Stand ze bréngen wéi e professionellen Betrib soll funktionéieren.

Dann ass et um Här Becker och stellvertriedend fir den Här Krings.

Romain Becker, Conseilljer (DP):

Den éischten Punkt betrëfft de Verkéier an der rue Mont Saint Jean zu Kayl. Virun Joeren haten mer schonn Diskussiounen doriwwer an dunn ass verbueden ginn uewen aus der Strooss eraus ze fueren well et zu gewëssenen Zäiten einfach onméiglech ass do eran an eraus ze kommen. Mir haten hei am Gemengerot schonn eemol eng Diskussioun doriwwer an an deem Kader ass dann och décidéiert ginn dass d'Leit kéinten uewen an der Diddelénger Strooss erausfueren. Rezent huet d'Police awer Kontrollen gemaach an et ass e Schëld opgetaucht. D'Situatioun ënnen op der Strooss huet sech awer nach ëmmer net verbessert par rapport zu deem wat mer 2007 diskutéiert hunn. Deemools wéi haut muss jo awer e Verkéiersreglement respektiv Text festgehalten gi sinn wat déi Situatioun do beschreift. Do schéint eis e Flou dran ze sinn. Vue dass d'Situatioun net geännert huet froen mer dass een déi Strooss awer erëm géing opmaachen. Police seet dat wier e Feldwee. Eis Fro ass: Firwat ass dat geschitt?

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Wann ech iech dat elo soen da gleeft der mer et net. Et ass "à l'insu de mon propre gré". Et ass net fir ze laachen dat ginn ech ganz gären zou an hu mat verschiddeenen Leit geschwat déi an där Strooss wunnen. Do sinn et Reklamatiounen ginn wéinst Vitesse. Do hunn Leit d'Police geruff well gerannt gëtt an dat an der Zone 30. Dunn ass d'Police komm, a wéi déi festgestallt hunn

dass d'Leit duerch eng Circulation interdite gefuer sinn, do sinn déi mat protokolléiert ginn. Police huet Kontakt opgeholl mat eisem Responsabelen fir d'Circulatioun an do huet den Här Künsch dat Scheld erëm dohinner gesat wat mir als Gemengerot décidéiert haaten fir eweg ze huelen. Ech hunn awer zu em gesot e soll et eweg huelen well et keng nei Décisioun vum Gemengerot gëtt fir dat Schëld nees dohinner ze stellen. Et muss een awer och soen dass mir hei e Verkéiersreglement maachen an d'Signalisatioun gëtt vum Service technique gemaach "conformément au règlement". D'Reglement huet net changéiert soss géing der dat wëssen. Dat Schëld ass op Eegeninitiative dohinner gesat ginn an elo erëm fort. Dat heescht awer net dass de Problem geléist ass well deen ass komplex. Et entzitt sech menger Kenntnis wéi d'Police e Feldwee definéiert. Eise Wellen war et hei fir déi Leit déi ënnen net eraus kommen uewen beim Dépositaire Negri eraus fueren ze loosse. Mir mussen awer op deem Dossier bleiwen well et kennt nach en 2. Problem derbäi: Mir hunn eng Zone 30 bis bei dat lescht Haus, an dann gëtt déi opgehuewen. Dat ass eng Situatioun iwwert déi mer an der Verkéierskommissioun mussen diskutéieren. Déi Zone muss ausgedehnt ginn. 30 ass ubruecht op esou enger Strooss, mir mussen just kucken wei mer dat reglementéiert kréien. Mee d'Schëld hu mer ewechhuelen gelooss.

Romain Daubenfeld, Conseilljer (LSAP):

Ech fannen deen Eck fir uewen eraus ze fueren an Diddelénger Strooss ass relativ geféierlech. Da stellt sech d'Fro ob se dierfen op Kayl eraus fueren oder och op Diddeleng. Da wäerten mer an Zukunft awer nach dacks vun Accidenter héieren. Et gesäit een nëmmen ganz spéit a wann een mat enger Vitesse kennt déi net appropriéiert ass, dann gëtt et awer geféierlech. Ech hu Bedenken fir dee Wee erëm opzemaachen fir de Public.

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Also Här Daubenfeld, zënter deem Moment wou mir hei décidéiert hunn opzemaachen ass op där Plaz keen Accident geschitt dat muss ech iech awer elo éierlech soen.

Romain Daubenfeld, Conseilljer (LSAP):

Moment, do si ganz vill Accidenter geschitt.

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Jo awer net well do een eraus gefuer ass.

Romain Becker, Conseilljer (DP):

Mir hunn jo e Reglement, da kennen d'Leit hiren Protokoll jo ufechten, vue dass se jo net um Feldwee gefuer sinn.

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Här Becker ech kennen d'Base légale net op Grond vu wellecher d'Police protokolléiert huet. No menger

Kenntnis ass wann et Zone interdite ass, dann ass den Anlieger awer nach ëmmer fräi.

Jean Weiler, Conseilljer (CSV):

Mir hu an der Fraktioun doriwwer geschwat an haten d'Idee d'ganz Strooss vun ënnen vun den Haiser bis bei den Dépositaire als „Circulation interdite“ ausweisen. Déi, déi do duerch fueren dat sinn alles Anrainer, an esou verhënnert een dass een do e Passage doraus mécht.

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Ma et ass eng Circulation interdite, just fir d'Anrainer.

Jean Weiler, Conseilljer (CSV):

Nach eng aner Saach, wann een Riicht erop fiert laanscht de Päerdsschapp do uewen, do misst een zoumaachen dass do net eraus gefuer gëtt.

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

De Problem ass dass mer do net um Territoire vun der Gemeng Kayl sinn, dat ass Diddeléng. Do misst een schonn eng Convention supracommunale maachen. Dat musse mer dann eemol schwätzen. Mir kennen mat der Verkéierskommissioun dohin kucken goen fir dass mer eemol eng besser Léisung fannen. Här Becker sidd der mat där Äntwert zefridden? Dann är nächst Fro.

Romain Becker (DP):

Ma déi wäert och d'Bierger interesséieren. Am leschten Conseil hu mer héieren dass mer e Biergeramt kréien. An dem Kader ass jo driwwer geschwat ginn fir aner Öffnungszäiten ze kréien. 2006 hu mer dat schonn eng Kéier gefrot, an et ass och schonn vun der sozialistischer Fraktioun gefrot ginn. Lo si mer verträischt ginn bis dass d'Biergeramt funktionéiert. Mir gesinn awer elo praktesch näischt wat verhënnert dass dat do elo schonn ëmgesat ka ginn. Et sinn Beamten an Servicer do. Mir wéilten dass dat schonn fir de September funktionéiert well mir gesinn d'Schwieregkeeten net.

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Ech hunn mam Chef d'Administration doriwwer geschwat. Do ass am Prinzip och keng Schwierigkeet, just iwwert den Datum muss een diskutéieren.

Romain Daubenfeld, Conseilljer (LSAP):

An der leschter Gemengerotssitzung hu mer et gesot a mir hunn et jo net aus de Fangeren gegräff. Mir hunn an der Interfraktioneller décidéiert dass dat kennt. Mee komm mer loosse dach elo mol fir d'éischt d'Infrastruktur dohinner stellen. Dir wësst jo wéi schwéier dass et gëtt mat de Beamten. Et sinn e ganze Koup Saachen anzehalen. Et ass eng Vereinfachung fir d'Bierger mee net fir d'Leit déi do schaffen. 12 Joer laang war dir am Schäfferot, do ass dat net

agefouert ginn. Och där hätt de Leit kennen soen das se méi spéit op d'Gemeng kennen kommen. Lo hätt dir et am léifsten virum Summer!

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Vu Säiten vum Schäfferot ass et esou dass mir wäerten mam Personal schwätzen. Déi Diskussioun steet a fält mat engem Assentiment vun den Fonctionnairen an Employéén. Wann mer et maachen da muss et e Service complet sinn. Et kann net sinn dass een en Certificat Owes ka siche goen mee keng Baugenehmigung. Do läit den Hues am Peffer. Mir müssen dat iwwert déi ganz Bandbreet offréieren. Soss hu mer näischt geschafft. Dofir ass den Dossier komplex. D'Madame Braconnier steet als chef vun der Verwaltung deem Projet do ganz positiv géigeniwwer. Mee fir de 15. September kann ech iech dat net versprechen. Ech sinn awer och der Meenung dass mer dat als Testphase solle maachen. Mir kennen lo net eppes institutionaliséieren an dann stelle mer no engem Joer fest dass kee Mënsch komm ass. Da muss mer dat net oprecht erhalen. Ech fannen net dass mir d'Masse critique hunn fir d'Beamten do stonnelaang setzen ze loossen. Do müssen mer driwwer nodenken.

Romain Becker, Conseilljer (DP):

Ech stellen fest dass ëmmer wann d'Loft hei ufänkt dënn ze ginn, dass dann hei ugefaangen gëtt eng Zort „archéologie politique“ ze bedreiwen. Do gëtt dann bal op d'Steenzäit zrëckgegraff. Wat eis awer berouegt well mer wëssen das d'Loft dënn ass. Mir hunn virun 8 Joer doriwwer diskutéiert an dat ass eng laang Zäit. Wann ech ëmmer héieren wat fréier emol hätt sollen geschéien, da mierken ech dass d'Loft dënn gëtt.

Patrick Brücher, Schäffen (déi gréng):

Dat eenzegt wat hei dënn ass dat sinn heiansdo är Froen.

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

„Archéologie politique“, dat ass e schéinen Ausdrock. Wéi gesot mir kucken dat. Mir müssen awer kucken wéi eng Servicer do ugebueden ginn net dass eis Beamten hei setzen sech ze langweilen, dat verdroen ech awer guer net. Dat gesot, géif ech déi ëffentlech Sitzung zoumaachen.

Conseil communal Séance du jeudi, 19 juin 2014

Durée : de 14h30 à 16h00

Présent : John Lorent, bourgmestre, Marcel Humbert et Patrick Brücher, échevins, Romain Becker, Astrid Belleville, Carlo Birchen, Romain Daubenfeld, Nico Migliosi, Viviane Petry, Camille Thomé, Jean Weiler, Conseillers, Nadine Braconnier, Secrétaire.

Absences : José Gonçalves dos Anjos et Patrick Krings

Ordre du jour :

1. Correspondance et informations

2. Enseignement

- 2.1. Organisation scolaire provisoire 2014/2015

3. Personnel

- 3.1. Reconversion d'un poste d'employé

4. Points portés sur l'ordre du jour par Messieurs les conseillers Patrick Krings, Romain Becker et Jean Weiler

1. Correspondances et informations

Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)

prie d'excuser Messieurs José Gonçalves dos Anjos (CSV) et Patrick Krings (DP) qui sont à l'étranger. Il tient à informer le Conseil communal que le Bureau d'ingénieur a constaté un problème lié au revêtement de la rue de l'Eau. Ce revêtement datant d'une dizaine d'années contient des hydrocarbures aromatiques polycycliques. Le Bureau d'ingénieur a constaté après avoir effectué des forages sous la route que la totalité du revêtement de la rue de l'Eau est concernée. Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP) explique que l'offre reçue de l'entrepreneur pour l'évacuation du revêtement contaminé est plus élevée que prévue puisque celui-ci devra être transporté en Allemagne. Le montant du devis s'élève à 140.000.- € et aucune contre-expertise n'a été sollicitée puisque le dégagement du matériel est urgent. En effet, celui-ci est momentanément entreposé devant la dernière maison de la rue de

l'Eau et les habitants se sont plaints des odeurs dégagées par le matériel. Monsieur le bourgmestre déplore cette hausse du projet, mais insiste sur la nécessité de pallier les problèmes de santé y relatifs et d'assurer la protection des ouvriers.

Monsieur Romain Becker, conseiller (DP) remercie Monsieur le bourgmestre pour sa transparence et suggère que la prochaine fois que des routes devront être rénovées, une analyse de celles-ci soit faite au préalable pour pouvoir ajouter ce genre de frais supplémentaires au devis initial. Monsieur le bourgmestre rappelle que la commune de Kayl travaille régulièrement avec la société Schroeder & Associés et qu'il serait pertinent de vérifier avec elle si de tels projets peuvent être anticipés dans les devis.

Monsieur Romain Daubefeld, conseiller (LSAP) demande s'il y a des risques que d'autres routes soient touchées par le même problème et si toute la rue de l'Eau est concernée puisqu'elle a été refaite en deux étapes. Il questionne le matériel utilisé et demande si celui-ci était autorisé à l'époque. Monsieur le bourgmestre confirme que toute la route est concernée par l'utilisation de matériaux de revêtement non autorisés de nos jours; le service technique ainsi que le bureau d'études veilleront à ce que ceci ne se reproduise plus.

2. Enseignement

Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP) annonce le second point de l'ordre du jour, l'enseignement et précise que l'organisation provisoire 2014/2015 doit être votée avant le 1^{er} juillet même si certains chiffres et certaines données du Ministère sont manquants. Il donne la parole à l'échevin en charge de l'enseignement, Patrick Brücher (déi gréng) et à la présidente de la commission scolaire, Viviane Schenten-Petry (déi gréng).

2.1 Organisation scolaire provisoire 2014/2015

Monsieur Patrick Brücher (échevin, déi gréng) résume les points les plus importants de l'organisation scolaire provisoire. Il y aura :

- 4 classes d'éducation précoce,
- 12 classes d'éducation préscolaire (cycle 1),
- 36 classes d'éducation fondamentale (cycle 2-4).

Au total, 810 enfants sont inscrits. Sur la première liste des postes vacants il y avait :

- 1 poste en éducation sportive de 23 heures,
- 1 poste en natation scolaire de 23 heures,

- 2 postes d'accueil: à 23 heures et à 11 heures,
- 1 poste de cycle 3.2 à 11 heures.

Il ajoute que personne n'a déposé sa candidature sur la 1^{ère} liste et que ces postes seront reconduits sur la deuxième liste. Le fait que moins d'enfants soient inscrits impacte la répartition des classes et l'effectif des classes. Monsieur Patrick Brücher (échevin, déi gréng) cède la parole à Madame Viviane Schenten-Petry (déi gréng).

Madame Viviane Schenten-Petry, conseillère (déi gréng) présente en premier lieu la structure du document relatif à l'organisation scolaire provisoire. Le document liste les bâtiments scolaires de la commune de Kayl (7 bâtiments scolaires). Les horaires de classe n'ont pas changé par rapport à l'année précédente: le matin, l'école commence à 8h00 pour le cycle 1 et se termine à 11h50; pour le cycle 2-4, l'école commence à 7h50 et se termine à 11h50. L'après-midi les cours sont donnés de 14h00 à 15h50. Cet horaire comprend uniquement les heures d'enseignement direct et non les heures de surveillance et les cours d'appui pédagogique. L'effectif de l'école Alexandra (enseignement préscolaire) est assez élevé avec environ 18 élèves. Il y a 12 classes dans ce bâtiment et il n'est pas envisageable d'en ajouter une 13^{ème}. Parmi ces 12 classes, il y en a 2 qui ne comptent que 14 élèves puisqu'elles accueillent chacune 1 élève à besoins spécifiques. L'école précoce compte en moyenne 15 élèves inscrits. Le cycle 2.1 a une moyenne de 15 élèves, le cycle 2.2 a un effectif plus élevé dû à la suppression d'une classe.

Madame Viviane Schenten-Petry (déi gréng) explique que l'année dernière de nombreux enfants ont déménagé pendant les grandes vacances et que des classes ont donc fusionné. Dans le cas où une dizaine d'enfants s'inscriraient pendant les vacances de cette année, il serait envisageable que la commune fasse une demande de classe supplémentaire au Ministère de l'Éducation. Dans le cycle 3.1, il y a 13-14 élèves; dans le cycle 3.2 il y en a 13-16 et dans le cycle 4.1 l'effectif moyen est plus élevé dû à une fusion de classes. Dans les soldes spéciaux pour l'enseignement, il y a 25 heures de cours d'accueil pour les primo arrivants qui peuvent bénéficier de ces cours pendant 1 an. Pour les mesures de différenciation pédagogique, 96 heures sont prévues ainsi qu'un poste par bâtiment. Pour le Plan de réussite scolaire (PRS), 17 heures ont été accordées. Le programme Scolarià géré par le Ministère de l'Éducation reprend les tâches des enseignants dans la 1^{ère} colonne: les personnes travaillant dans le cycle 1 ont une tâche normale de 25 heures et celles du cycle 2-4 ont une tâche de 23 heures. Les

décharges liées à l'âge des enseignants s'organisent comme suit : à partir de 45 ans, 1 heure de cours en moins est accordée, à partir de 50 ans, 2 heures en moins sont accordées et dès 55 ans la réduction d'heures de cours s'élève à 4 heures. Les colonnes 2 et 3 sont dédiées aux heures supplémentaires et aux décharges d'heures qui ont été demandées. Néanmoins ces informations ne sont pas encore validées par le Ministère de l'Éducation. Dans le volet Activités Périscolaires de la LASEP, 3 personnes ont fait une demande de décharge d'heures qui a été accordée par le ministère. Le Plan d'encadrement périscolaire n'a pas encore été finalisé, il sera ajouté à l'organisation scolaire définitive en même temps que la liste des membres du Comité d'École. Madame Viviane Schenten-Petry (déi gréng) en profite pour présenter les résultats des élections du Comité d'École: Hut Nathalie, Kirsch Jeff, Kremer Laurence, Muller Jean-Jacques, Olsem Malou, Scheitler Claudine, Surkijn Yves, Thurmes Daniel et Weyrich Romain. Une seule candidature a été présentée pour le poste de président, Madame Malou Olsem a été élue à l'unanimité par les membres du Comité. Au sujet du contingent, il faut noter que le Ministère de l'Éducation a comptabilisé 803 enfants puisque les enfants qui prennent moins de 5 places dans le précoce ne sont pris en compte que pour la moitié. Le total des heures nécessaires au bon fonctionnement de l'enseignement s'élève à 1.625 heures dont 1.457 heures sont comptées dans le contingent. Les heures hors-contingent sont réparties comme suit : 78 heures pour les cours de l'éducation morale et sociale, 71 heures pour les cours d'accueil et 17 heures de ressources supplémentaires du Plan de réussite scolaire (PRS). Il reste 103 heures de leçons d'enseignement vacantes. La version définitive de l'organisation scolaire comportera l'organisation des postes. L'évolution démographique des enfants entrant en cycle 2.1 montre qu'il n'y pas de manque de classes. Le Plan de réussite scolaire est divisé en 4 chapitres principaux :

- Analyse de la situation actuelle de l'école: les forces consistent en la bibliothèque et les activités liées, le réseau informatique, le budget scolaire, le bassin pour l'initiation à la natation, le jardin d'apprentissage ainsi que le concept « Zwegeland ». Les faiblesses se montrent au niveau de l'évolution linguistique, de la violence physique et psychique, de la mobilité (liée aux problèmes de circulation), des cours d'écoles ainsi qu'en matière d'aide aux devoirs à domicile. Le Plan de réussite scolaire accorde la priorité à l'évolution linguistique ainsi qu'au climat scolaire. En ce qui concerne le niveau linguistique, les compétences des élèves du cycle 1 sont en dessous de la moyenne nationale. Il faut

créer l'abcès et promouvoir les compétences linguistiques des élèves du cycle 1. Par ailleurs, il faut favoriser l'emploi des langues maternelles au domicile et sensibiliser le personnel enseignant au niveau de la logopédie. À ces fins, une conférence de la professeure Pascale Engel a été organisée au sujet du plurilinguisme au Luxembourg et plus particulièrement dans la commune de Kayl. Ses résultats prouvent que des enfants plurilingues n'ont pas nécessairement plus de difficultés scolaires, mais qu'au contraire, l'apprentissage de plusieurs langues est bénéfique pour le cerveau. Le message primordial à transmettre aux parents est qu'il faut qu'ils parlent beaucoup à leurs enfants dans leur langue maternelle. Une demande a été envoyée au Ministère de l'Éducation pour engager un intervenant en langue maternelle (demi-tâche) afin d'intensifier l'apprentissage de la langue maternelle surtout le portugais. Il n'y a pas encore de réponse à ce jour. Une autre demande a été envoyée dans le cadre de la formation du corps enseignant en méthodes didactiques. Sur 192 élèves dans le cycle 1, 73 enfants ont des lacunes en langues et 23 enfants ont un réel problème dans l'apprentissage des langues. La priorité est la coopération avec les parents d'élèves et la mise en place d'un suivi sur les progrès des enfants en déficit scolaire ; une demande allant dans ce sens a été envoyée au Ministère pour obtenir des informations sur les ressources disponibles.

- Définition des objectifs et planification : Les objectifs fixés reposent sur les données fournies par l'Agence pour le développement de la qualité scolaire,
- Ressources,
- Processus de validation.

Monsieur Patrick Brücher, échevin (déi gréng)

présente le second volet du Plan de réussite scolaire qui est dédié au climat scolaire. Les 4 grandes priorités sont :

- 1) « Schoulhaff propper halen » (propreté des cours de récréation),
- 2) « Mülltrennung » (Tri des déchets),
- 3) « Gewaltpräventioun » (prévention de la violence),
- 4) Réaménagement des cours de récréation.

Ces actions doivent contribuer à l'amélioration du climat scolaire. Le 7 juillet 2014, une réunion entre l'association de parents d'élèves et une délégation

du personnel enseignant est prévue dans la cour de récréation de Tétange au sujet du réaménagement de la cour en coopération avec le CIGL. Le CIGL a déjà contacté la commission scolaire pour voir ce qui est envisageable.

Le projet « Schoulhaff propper halen » est d'ores et déjà en phase de test et a reçu un feedback positif: il s'agit d'une sorte de surveillance des enfants; 6 enfants sont désignés pour faire des rondes dans la cour de récréation et vérifier que les autres élèves jettent leurs déchets dans les poubelles. Les enfants sont désignés à tour de rôle afin de les responsabiliser et d'éviter qu'ils ne subissent des moqueries de la part d'autres enfants.

Monsieur Patrick Brücher, échevin (déi gréng)

espère pouvoir présenter prochainement les projets « Mülltrennung » et réaménagement de la cour de récréation de Tétange au Conseil communal. Le projet « Mülltrennung » se fait en collaboration avec la commune et prévoit un nouveau concept de tri des déchets: de nouveaux bacs poubelle seront installés dans les salles de classes, dans les couloirs et dehors.

L'action « Clever akaafen » préconise l'envoi d'un courrier adressé aux parents d'élèves dans le but de les sensibiliser à l'achat de fournitures scolaires plus écologiques.

Dans le cadre de la prévention de la violence, il y a plusieurs formations proposées au corps enseignant par le SCRIPT. Ces formations se feront avec les élèves et porteront principalement sur la violence et les drogues pour le cycle 4.

Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)

remercie Madame Viviane Schenten-Petry et Monsieur Patrick Brücher pour leur travail ainsi que toutes les personnes qui ont contribué à l'organisation scolaire: le comité d'école, le service scolaire de la commune, l'association de parents d'élèves et le personnel enseignant. Il rappelle qu'il y a 40 inscriptions d'enfants en moins à l'école, ce qui s'explique par les nombreux déménagements et leurs répercussions sur l'organisation scolaire.

Monsieur Romain Daubenfeld, conseiller (LSAP)

se rallie aux remerciements de Monsieur le bourgmestre et souligne que 15% d'enfants avec des problèmes langagiers est un chiffre alarmant, il faut prendre des mesures pour pallier ce déficit. Par ailleurs, il propose que ce soit la commune qui achète des fournitures scolaires plus écologiques et les revende ensuite aux parents au lieu de leur distribuer des listes d'achats. Enfin, il accueille l'idée de garder les cours de récréation au propre et de veiller à ce qu'il n'y ait pas de disputes à ce sujet.

Monsieur Jean Weiler, conseiller (CSV) est favorable à la nouvelle organisation scolaire et au Plan de réussite scolaire (PRS). Il soulève le point du nombre d'élèves par classe et des enfants à difficultés; 19 élèves dans une classe est un nombre encore supportable, mais qui pourrait poser problème à l'avenir compte tenu des nouvelles constructions d'appartements et de résidences. Il remercie l'engagement du personnel enseignant, de la commission scolaire et des parents d'élèves; il exprime son approbation envers les mesures envisagées pour pallier les déficits des élèves, les formations continues du personnel enseignant. Enfin, Monsieur Jean Weiler (CSV) est en faveur du maintien de la propreté des cours de récréation et de la responsabilisation des enfants dans ce projet. Les parents doivent eux-aussi être sensibilisés au tri des déchets.

Monsieur Romain Becker, conseiller (DP)

et la fraction DP tiennent à féliciter l'engagement du personnel enseignant et toutes les personnes qui contribuent souvent bénévolement à l'amélioration de l'organisation scolaire et au bien-être des enfants. Néanmoins, plus d'informations au sujet du système scolaire devrait être communiquées aux parents d'élèves et principalement à ceux originaires de pays étrangers. Il illustre ce problème en mettant en avant la Charte scolaire qui n'est pas comprise par tout le monde et qui reste un concept qui n'est pas mis en pratique dans la réalité. Il suggère que la Charte scolaire soit réévaluée et que des thèmes comme la sécurité sur le chemin de l'école, le Pedibus et les écoles de quartier soient remis au premier plan. Il faudrait associer les enfants et leurs parents à ces projets et tenir compte des problèmes qui surviennent sur le chemin de l'école (vélos endommagés près de l'école Faubourg). Au sujet de la rénovation de la cour d'école de Tétange, Monsieur Romain Becker (conseiller, DP) rappelle que le devis était très élevé (800.000.- €) et que les travaux n'ont malheureusement pas encore commencé; les discussions autour de certains projets sont trop astreignantes et retardent la mise en œuvre de ceux-ci. De plus, les thèmes de la propreté des cours d'écoles et l'achat de fournitures écologiques devraient être portés à la connaissance des parents mais de manière non-intrusive. En dernier lieu, il déplore l'absence d'études pour anticiper une augmentation future des enfants inscrits à l'école et le manque de place dans les écoles. Pour le moment, il y a assez de classes, mais il faut tenir compte de la construction d'une nouvelle cité et de nouveaux appartements. Il accentue la nécessité de s'y prendre en amont et de réfléchir aux bâtiments qui pourraient être rénovés ou réaménagés. La fraction DP approuve le volet technique de l'organisation scolaire.

Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)

explique que les premières conclusions de l'étude sur le trafic seront présentées la semaine prochaine par le Bureau d'études. L'un des volets de cette étude est la sécurité des enfants sur le chemin de l'école. Il rappelle que pour chaque dossier, il y a une phase de préparation et une phase d'exécution qui peut prendre plus de temps, or ce retard est souvent nécessaire pour avoir un résultat de qualité. Monsieur le bourgmestre souligne que les chiffres repris dans les documents sur l'organisation scolaire provisoire sont valables jusqu'en 2019/2020. Bien que des changements soient à envisager dans les années à venir, il n'y a pas d'urgence et le prochain Conseil communal pourra réévaluer ces chiffres en temps voulu. Il espère que les travaux de rénovation des cours de récréation pourront débuter le 15 septembre, en revanche il répète que le devis présenté au conseil communal était surfait et que d'autres moyens sont envisagés pour améliorer la qualité de vie des cours d'école.

Monsieur Patrick Brücher, échevin (déi gréng)

rappelle que le Pedibus sera mis en place une fois que les écoles de quartier seront rénovées ; ce dossier continue à être d'actualité mais il s'agit d'un dossier complexe. Il partage l'avis de Monsieur Romain Becker (conseiller, DP) que la Charte scolaire ne doit pas tomber aux oubliettes et qu'elle doit être mise en pratique. Il attire l'attention sur le fait que la Charte scolaire et le point du Plan de réussite scolaire sur la prévention de la violence et le climat scolaire se recoupent en plusieurs points, dont le respect d'autrui. Pour le volet du tri des déchets, il met en exergue l'importance d'avoir une infrastructure adéquate ainsi qu'une coopération entre le corps enseignant et les élèves. Il partage l'opinion de Monsieur le bourgmestre sur la nécessité de plus de sécurité sur les chemins d'école. Il conclue en affirmant que le devis de 800.000 € n'est pas nécessaire, il faut limiter les dépenses et rendre les cours de récréation plus « vertes » à moindre coûts.

Madame Viviane Schenten-Petry, conseillère (déi gréng)

s'étonne de l'engouement du Conseil communal pour le volet pédagogique de l'organisation scolaire et précise que des mesures ont été prises pour mettre en pratique la Charte scolaire. Elle cite l'exemple d'une chargée de cours qui a plastifié certaines pages de la charte pour les accrocher dans le hall de la salle de sport afin d'en discuter avec les élèves. La charte est bien présente dans les salles de classe et la maison relais, même si aucune manifestation publique n'a été organisée pour en faire la promotion. Elle invite le Conseil communal à partager ses propositions avec la commission

scolaire afin d'organiser une fête dans la maison relais ou d'autres manifestations autour de ce sujet. Le Plan de réussite scolaire sera soutenu, une mesure est en cours d'élaboration avec la convention BB+. Madame Viviane Schenten-Petry est aussi d'avis qu'il faudrait plus sensibiliser les enfants à l'école sur l'organisation scolaire, mais que d'un autre côté, les parents d'origine étrangère doivent être mieux informés.

Monsieur Camille Thomé, conseiller (CSV) demande qu'un bilan trimestriel des conclusions du Plan de réussite scolaire soit présenté au Conseil communal.

Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)

insiste sur le fait que les discussions ne peuvent durer éternellement et que chaque fraction a la possibilité de poser ses questions au collège des bourgmestre et échevins.

Monsieur Romain Becker, conseiller (DP)

ajoute que les acteurs concernés par la Charte scolaire doivent être impliqués dans sa mise en œuvre et en ressentir des résultats concrets.

Madame Viviane Schenten-Petry, conseillère (déi gréng)

répond à Monsieur Camille Thomé (CSV) qu'un retour trimestriel ne laisserait pas assez de marge de temps, mais qu'à la fin de l'année les résultats pourront être présentés.

VOTE UNANIME

3. Personnel**3.1. Reconversion d'un poste d'employé****Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP)**

présente le point suivant qui sera débattu à huis clos. Le travail fourni par un employé engagé sous le régime de travailleur handicapé ne satisfait pas son service et un autre travailleur engagé sous le même statut a été contacté pour le remplacer. Pour l'instant, ce poste est occupé par une personne de carrière C, mais son remplaçant est de carrière B1. Il demande si le Conseil communal est d'accord pour une reconversion de poste de la carrière C vers la carrière B1. Tous les détails relatifs à ce point sont discutés à huis clos puisque les affaires de personnel sont délibérées en séance secrète.

VOTE UNANIME

1. Points portés sur l'ordre du jour par Messieurs les conseillers Patrick Krings, Romain Becker et Jean Weiler

1.1 Points de Monsieur Jean Weiler

Monsieur Jean Weiler, conseiller (CSV) rappelle qu'un accident de travail a eu lieu dans l'atelier communal à cause d'une fraiseuse qui serait désuète. Les nouvelles fraiseuses disposent d'une manivelle qui bloque la machine une fois qu'on la lâche. Il demande si l'ancienne fraiseuse a été mise à l'écart afin d'éviter d'autres accidents. Il questionne la sécurité de la machinerie utilisée par la commune et la responsabilité de la commune lorsque des machines sont prêtées à des tiers.

Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP) résume le compte-rendu sur l'accident du 20 mai 2014 rédigé par le travailleur désigné. La fraiseuse a été mise de côté en attendant la conclusion de l'Inspection du Travail et des Mines. Selon ce compte-rendu, il s'agirait d'une « erreur de manipulation manifeste » et la fraiseuse répondrait aux normes de sécurité. Pour ce qui est de l'état des machines, il rappelle que Monsieur Jeff Schildgen a été engagé en tant que délégué à la sécurité et s'occupe de tous les formulaires commodo/incommodo et certificats dont la commune a besoin. Il précise qu'un accident ne peut jamais être totalement écarté, mais les machines utilisées par la commune sont neuves et en très bon état. De plus, toutes les mesures de sécurité nécessaires sont prises pour assurer les meilleures conditions aux personnes qui les utilisent. Le compte-rendu n'est pas secret et pourra être transmis à Monsieur Jean Weiler s'il le demande. Monsieur le bourgmestre continue à expliquer qu'il y a deux instances sous le collège des bourgmestres et échevins, le délégué à la sécurité qui fournit d'ailleurs un très bon travail, et un travailleur désigné. Ce dernier n'a pas transmis d'information au sujet d'une machine à remplacer. Enfin, Monsieur le bourgmestre signale qu'il n'a pas connaissance de machines qui auraient été prêtées à des tiers.

Monsieur Jean Weiler, conseiller (CSV) questionne l'état de la fraiseuse et souhaite s'assurer qu'elle avait bien une manivelle. Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP) assure que la fraiseuse en question avait une manivelle et que le travailleur ne la pas lâchée, c'est pourquoi la machine ne s'est pas bloquée.

Monsieur Nico Migliosi, conseiller (LSAP) demande si les travailleurs sont suffisamment formés pour être au courant des dangers encourus.

Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP) explique qu'il y a des formations en continue pour les travailleurs et que le travailleur victime de cet accident n'utilisait pas la machine pour la première fois. Les cours donnés aux travailleurs sont une obligation légale et toutes les mesures de sécurité sont respectées.

1.1 Points de Monsieur Romain Becker

Monsieur Romain Becker, (conseiller, DP) présente son premier point à l'ordre du jour qui est lié à la circulation dans la rue Mont Saint Jean à Kayl. Étant donné qu'il s'avère presque impossible pour les habitants de tourner à gauche en direction du rond-point, le conseil communal avait décidé d'autoriser la sortie via la rue de Dudelange. Or, dernièrement des contrôles de police ont été entrepris en argumentant qu'il s'agissait d'un chemin rural et un panneau interdisant toute circulation a été mis en place. M. Becker souhaite connaître les détails de cette situation et demande que le panneau soit enlevé.

Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP) commence par préciser que le panneau au bout de la rue de Dudelange a été installé à son insu. Des habitants de la rue (zone 30) ont porté des réclamations dues à la vitesse élevée des automobilistes ; la police s'est rendue sur place et a constaté que la circulation était interdite dans cette rue. Monsieur Künsch a alors pris l'initiative de remettre le panneau que le Conseil communal avait décidé d'enlever pour autoriser la circulation. Monsieur le bourgmestre a demandé à Monsieur Künsch de retirer le panneau conformément au règlement en vigueur. Le second point est que la route en zone 30 se termine à hauteur de la dernière maison de cette rue. Il faudrait étendre la zone 30 et entamer des discussions avec la Commission de la Circulation.

Monsieur Romain Daubenfeld, conseiller (LSAP) ajoute que la sortie en haut de la rue de Dudelange est dangereuse et qu'il faudra s'attendre à plusieurs accidents à cet endroit si la rue devient de nouveau accessible aux automobilistes. Monsieur le bourgmestre assure qu'aucun accident lié à la sortie via cette rue n'a eu lieu depuis la réouverture de cette route. Monsieur Romain Becker suggère que les personnes verbalisées par la police contestent leur procès-verbal, mais Monsieur le bourgmestre rappelle que la base légale que la police a invoquée dans cette affaire n'est pas connue.

Monsieur Jean Weiler, conseiller (CSV) présente l'idée de la fraction CSV qui consiste à étendre la circulation interdite du bas de la rue jusqu'au dépo-

sitaire Negri. Monsieur le bourgmestre précise qu'il s'agit d'une circulation interdite, sauf pour les riverains. Monsieur Jean Weiler soulève une autre question : il faudrait interdire la sortie via le haut de la rue en passant par la grange. Monsieur le bourgmestre explique qu'il s'agit du territoire de la commune de Dudelange et qu'il faudrait donc faire une convention intercommunale. Il propose d'aller examiner l'endroit avec la Commission de la Circulation.

Monsieur Romain Becker (conseiller, DP) passe à son second point qui porte sur les heures d'ouverture du « Biergeramt ». Le collège des bourgmestre et échevins avait assuré que les heures d'ouverture des bureaux seraient prolongées dès que le Biergeramt aurait ouvert ses portes. Toutefois, M. Becker est d'avis qu'il ne faut plus attendre l'ouverture du Biergeramt puisque la commune dispose des ressources nécessaires. Il souhaite que celles-ci soient mises en place pour la rentrée scolaire. Monsieur le bourgmestre John Lorent (LSAP) annonce qu'il en a discuté avec le chef d'administration et il ne devrait pas y avoir d'opposition à adapter les heures d'ouverture avant l'ouverture du Biergeramt, seule la date reste à définir.

Monsieur Romain Daubefeld, conseiller (LSAP)

préfère d'abord clore le volet infrastructure avant d'adapter les horaires. Monsieur le bourgmestre ajoute qu'il faut communiquer avec tous les fonctionnaires et employés afin d'offrir un service complet aux habitants de la commune. Madame Bracconnier en tant que chef de l'administration voit ce projet d'un bon œil, mais la date du 15 septembre ne peut pas être fixée comme date butoir selon Monsieur le bourgmestre.

Gemengerot Sëtzung vum Donneschden, 15. Juli 2014

Dauer: vun 14h30 bis 17h15.

Präsenz: John Lorent, Buergermeeschter, Marcel Humbert et Patrick Brücher, Schäffen, Romain Becker, Astrid Belleville, Carlo Birchen, Romain Daubenfeld, José Gonçalves dos Anjos, Nico Migliosi, Viviane Petry, Camille Thomé, Jean Weiler, Conseillejen, Nadine Braconnier, Sekretärin.

Entschëllegt: Patrick Krings

Ordre du jour:

1. Korrespondenz an Informatiounen

- Presentatioun vum Aarbechtsgrupp Pacte Climat

2. Kontrakter, Konventiounen,

- Konventioun Tosch mat SCI Monteiro
- Konventioun Muslic/Mujanovic
- Verkafsakt Diels-Kieffer
- Zousaz zum Pachtvertrag Lejeune-Peters
- Locatioun „An der Schwemm“
- Graf-Konzessioun Kierfechter Käl an Téiteng

3. Musekschoul

- Konventioun UGDA 2014/2015
- Schoulorganisatioun 2014/2015

4. Reglementer

- Ännerung vun den Öffnungszäiten vun der Administratioun
- Ännerung vum Reglement vum Horaire mobile

5. Berodend Kommissiounen

- Démissioun vun engem Member vun der Betreiuungsstrukture-Kommissioun
- Nennen vun engem Member an d'Betreiuungsstrukture-Kommissioun

6. Finanzen

- Aussergewéinleche Subside un de Kléngdéierenzichter Veräin

7. Punkt vum Conseiller Romain Becker

8. Froen vun de Conseilleren

I Korrespondenz an Informatiounen

John Lorent (Buergermeeschter, LSAP):

Ech géif als éischt den Conseiller Patrick Krings wëllen entschëllegen, all déi aner begréissen ech zu eiser leschter Gemengerotssitzung virun der grousser Vakanz. Wéi esou oft, an ech entschëllege mech dofir, misste mir d'Dagesuerdning ännere, well während der ganzer Summerpaus keng Sitzung ass an fir net zevill Zäit ze verléieren géif ech e Changement vun der Dagesuerdning froen. Mee ier mir sou wäit sinn loosse mir mol feststellen ween deen éischte Conseiller ass deen gegebenenfalls bei Ofstëmmungen den éischte wier. Dat ass den Här Jean Weiler.

Et geet also em Folgendes, mir hunn en Umweltberoder-Posten geschafen, an dee Posten ass ënner gewëssenen Viraussetzunge geschafen ginn, an zwar als „fonctionnaire communal“. Dat bedingt dass eng Partie Leit, déi den Examen fir an d'„fonction communale“ ze kommen net haten deen hu missten maachen. Ënnert deenen waren déi, di di richtig Diplomer haten, wéi de Schäfferot et sech virgestallt hat fir deen Umweltberoder-Posten. Et waren zwee Leit drënner déi eng Dispense haten, dat heescht déi den Examen gepackt haten mee déi just en Qualifikatioun am Génie civil haten. Déi aner déi mir an déi enger Auswiel geholl hunn, vun deenen huet leider keen den Examen gepackt. Sou dass mir lo an der Situatioun sinn, dass mir e puer Leit hunn déi schonn eng Qualifikatioun hunn fir den Umweltberoder ze maachen mee den Examen net gepackt hunn an zwee Stéck hunn déi den Examen gepackt hunn awer d'Qualifikatioun net hunn, sou dass mir proposéieren, fir virun ze kommen, stelle mir eis vir fir de Krees vun de Leit déi kenne postuléieren esou grouss wéi méiglech ze halen an e „Salarié à tâche intellectuelle“ anzustellen ouni „fonction communale“ Examen. An zwar misste mir dann eng „reconversion de poste“ maachen vun dem dee mir geschafft hunn als Fonctionnaire als „salarié“ Carrière E oder D, dat sinn „Employé privé“ Posten. Dat géing also Folgendes bedéngen: dass mir während der Geheimsitzung e Punkt ob d'Dagesuerdning sëtzen deen heescht „nomination d'un conseiller écologique“ an d'Majoritéit ass sech eens dass mir dat dann maachen wéi mir d'lëscht Kéier och schonn e Beispill haten an e Vote huelen an der geheimer Sitzung zesammen a wann deen dann esou ausgesäit wéi mir eis et virstellen ass de Posten fräi. Da géinge mir déi „reconversion de poste“ maachen an enger öffentlicher Sitzung no der geheimer Sitzung, emgedréint geet net, mir müssen fir d'éischt dee Posten fräi maachen ier mir e kënne reconvertéieren. Ech weess dass et eng Prozedur ass déi relativ holpereg ass an net op der Dagesuerdning stoung mee mir wëllen net zevill Zäit verléieren, mir sinn mat enger Partie Projeten am-

gaangen, zum Beispill eis Diecher vun de Gemengegebaier mat Solarzellen z'équipéieren, e Müllkonzept wat muss ëmgesat ginn an e ganze Koup Dossieren déi mir u sech mat dem Conseiller écologique wollten ugoen, an dofir maache mir déi Propositionen elo fir net zwee oder méi Méint ze verléieren. Ech géif dann de Conseil bidden seng Meenung dozou auszedrécken. Et ass net de Fall. Da géing ech déi zwou Ännerungen vun der Dagesuerdnung zum Vote stellen. Déi, déi d'accord sinn bidden ech em en Handzeechen. Ween ass dergéint, ween enthält sech?

EESTËMMEGE VOTE

Villmoos Merci fir de Vote an de Versteesdemech. Déi Resultater vun de Leit déi am Examen waren hu mir och nach net ganz laang, Madame Braconnier wéini hu mir déi Resultater kritt? Déi si gëschter komm, dofir, dat war eng kal Dusch fir eis.

Dat gesot, géing ech den Här Becker virstelle wëllen, dat ass, wei nennt een dat, ee Webmaster. Mir hunn hien hei zesumme gestëmmt, den Alain Becker, dir hutt och gesinn, déi di sech d'Méi gemaach hunn an deene lëschten Deeg eis Internetsäit ze kucken, dass dat mëttlerweil esou funktionéiert wei de Chef vum Service „relations publiques“ sech dat virstellt. Dat ass ganz flott, Här Becker, Merci dass dir an eise Réie sidd, Merci fir déi flott Aarbecht. Mat ärem Virgänger hate mir eis dat selwecht virgeholl an dat huet net richtig geklappt an dofir hoffe mir dass dat elo an d'Rei geet. Den Här Becker ass haut och hei fir sech dorëms ze këmmen dass eise Live-stream funktionéiert, zesummen mam Här Lambert. Also dat ass eise néie Mataarbechter a wann eppes ass wat den Internetsite ubetrëfft, wend iech un hien. Am Moment ass hien an engem CAE Posten, säi Kontrakt fänkt eréischt un wann déi „vacance de poste“ fräi ass, dat ass den 1. September 2014, mee wëll mir net wollten esou laang waarden hu mir hien scho mat engem CAE Kontrakt agestellt.

Dann zwou Informatiounen, déi iwweregens och schonn um Internetsite vun eiser Gemeng ze fanne sinn, dat eent ass wéint de Pak an der Waasserstrooss. Mir hunn bei der Firma Eneco de Rapport ugefrot wat et op sech huet mat deene polyzyklesch aromatesche Kuelewaasserstoffer, wat de Geféierlechkeetsgrad ass, wei se entstinn. Mëttlerweil hunn ech de Bierger aus der Waassergaass dat iwwert eng Persoun viru gemailt. Am Sënn vun der Transparenz ass souwuel d'Konklusion vun der Firma Eneco souwuel wei de Bericht um Bundesumweltamt awer och nozeliesen um Internetsite vun der Käler Gemeng, net fir Panik ze maachen mee déi objektiv Informatiounen sinn einfach publizéiert, fir kloer ze sinn dass déi polyzyklesch aromatesche Kuelewaasserstoffer aus der Kuelé Produktioun kommen. Déi

nei Makadam'en déi aus der Petrolsproduktioun kommen hunn déi net.

Wat een och kann um Internetsite noliesen ass dass eise Bëschkierfecht gëschter opgemaach ginn ass. Merci un déi Conseiller'en déi Zäit fonnt hate fir do dobäi ze sinn. De Bëschkierfecht ass also sei gëschter offiziell a Betrib. Mir waarden, an de Minister huet sech engagéiert, eist Taxe-Reglement feelt nach an der Prozedur. Déi Schëfflenger erstaunlecherweis, déi eis Partner mam Bëschkierfecht sinn, hunn hiert Reglement schonn erëm, sou dass gëschter „séance tenante“ nogefrot ginn ass. Sou bal mir dee Reglement erëm hunn kenne mir de Bëschkierfecht a Betrib huelen.

Souvill als Introduktioun. Mir versichen all déi Saachen, sou séier weit et geet ob eisen Internetsite ze setzen, sou dass den de Vecteur vun der Kommunikatioun vun der Zukunft ass. Ech hu mir soe gelooss dass verschidden Organer vun der geschriwwener Press guer net méi ob esou Aweiunge ginn, sou dass mir dann hei e néie Vecteur fir d' Gemeng hunn. Dat gesot als Introduktioun, et war eng laang Introduktioun mee et war wichteg dorüwer ze schwätzen. Da gi mir bei den éischte Punkt vun der Dagesuerdnung iwwer, dat ass „correspondance et informations“ an do géing ech dem Schäfte Brücher d'Wuert ginn fir de Pacte climat an de Groupe de Travail virzustellen.

I.1. Presentatioun vum Aarbechtsgrupp Pacte Climat

Patrick Brücher (Schäffen, déi gréng):

Ier mir zu dem Punkt kommen an ier ech erklären wat den éischte Bericht zum Klimapakt fir d'Gemeng bedeit huet, hu mir och den Här Faber vu Myenergy, Chef vum Projet pacte climat invitéiert fir nach emol kuerz ze recapituléieren em wat et beim Klimapakt geet. Ech géif den Här Faber da bidden eis dat ze présentéieren.

Här Faber (myenergy):

Merci dass ech dat dierf präsentéieren, mir si frou dass d'Gemeng dat lëscht Joer de Klimapakt ënnerschriwwen huet, ech hoffen dass meng Presentatioun dozou bäidréit fir méi wäit ze goen. De Klimapakt ass eng Offer vum Staat un d'Gemengen fir si an hirer energetescher an Klima-Aarbecht z'ënnerstëtzen, dat ganz orientéiert sech um europäesche System wou och konkret Mesuren dra sinn déi mussen iwwerpréift ginn. Den europäesche System ass un den nationale Kontext ugepasst ginn an ass e bëssen méi wäit gaangen, mir wëllen och kucken wat um Niveau vun Emissiounen, also CO2 Aspuerung geschitt. Et geet dorëms d'Gemengen ze valoriséieren em Kontext vun der Klima Politik an unzereegen e Stéck weider ze goen. Et geet och net nëmmen em den idealisteschen Deel, mee och fir de Gemengen ze hëllef hir Energiekäschten an de Grëff ze kréien. Dat ganz ass agebett an e Gesetz wat am Sep-

tember 2012 verëffentlecht gouf sou dass e gesäit dass et fir de Staat eng Prioritéit ass. Pakt heescht dass et keng Mussesaach ass, d'Gemenge kenne matmaachen. Wann een elo de Kader kuckt sinn et 87 Gemengen déi matmaachen, dovun sinn der 4 certifiéiert, dat heescht si kruten nogewisen vun engem onofhängegen Audit dass si e ganze Koup Saachen erreecht hunn. Kayl huet also lescht Joer de Klimapakt ënnerschriwwen, an séit dësem Joer hutt fir och en externe Klimaberoder deen iech bei dem Prozess och ënnerstëtzt.

Ech wollt nach kuerz drop agoe wei deen Prozess normalerweis ofleeft. Wei bei all Qualitéitsmanagement System geet et fir d'éischt emol dorëms dass ee kuckt wou steet een, wat huet een erreecht a wat kann een an Zukunft maachen. Beim Klimapakt ass dat zesummen mam Klimaberoder wou deen Exercice duerchgefouert gëtt, wou eng ganz Rei Themeberäicher duerchgekuckt ginn an op där Grondlag ginn d'Programmer fir d'Zukunft ausgeschafft. Deen zentrale Motor bei dem Prozess ass d'Klimateam, das soll en Équipe sinn wou déi ënnerschiddlech Acteure vum Gemengeliewen vertruede sinn, politesch Verrieder, Leit aus der Gemeng, dat kenne Bierger sinn, Expert'e oder aus Entreprises an de Klimaberoder. Dat ass en Expert den vum Staat iwwert Myenergy zur Verfügung gestallt gëtt an dee Prozess soll begleeden. All Gemeng kritt, an Funktioun vun der Zuel vun der Populatioun, fir gewëssen Deeg en Klimaberoder zur Verfügung gestallt, bei der Gemeng Kayl sinn dat 42,9 Deeg am Joer, wat elo net wéindeg ass, dat gëtt an Stonnen ëmgerechent. Är Gemeng huet nach net esou vill vun dem Angebot profitéiert, an Zukunft wäerten do méi Saachen ulafen, et sinn em déi 300 Stonnen déi dir dëst Joe nach zur Verfügung hutt. D'Grondlag vun dem wat do geschitt an och d'Grondlag vun der Certifikatioun ass de „catalogue des mesures“, dat sinn 71 Mesuren déi vum europäeschen Niveau kommen an un de lëtzebuurger Kontext ugepasst gi sinn, wou och ënnerschittlech thematesch Beräicher am Mëttelpunkt stinn. Et geet als net nëmmen klassesch em Klimaschutz mee och em Landesplanung, den Zoustand an d'Entwécklung vun den ëffentlechen Gebaier, Mobilitéit an och Kommunikatioun. De Lien mam Bierger ass ganz wichteg, een Zil ass et Sensibilisationsaarbecht ze leeschten.

E Beispill fir esou eng Measure ass dass eng Gemeng sech e Leitbild gëtt, wou konkret Ziler am Beräich vum Klimaschutz an der Energiepolitik festgehal ginn. Wann eng Gemeng dann esou eng Absichtserklärung opstellt kritt si eng ganz Rei vun deene Punkten déi een dofir ka kréien a wann dann effektiv do eppes geschitt kritt si méi Punkten. Dat ass de Grondprinzip vun alle Mesuren. D'Zil ass natierlech fir eng Certifikatioun ze kréien, dat ass wichteg fir de Bierger ze weisen dass d'Gemeng eppes erreecht huet. Et geet awer och em Suen, een Deel vun de Subventiounen déi eng Gemeng kritt ass ofhängeg dovun wéi gutt een ofschnet am Certifikati-

onsprozess. Zu Lëtzebuerg hu mir dräi Stufen: dat sinn 40 Prozent, 50 Prozent a 75 Prozent, an et geet dorëms ze gesinn wéivill Punkten een erreecht huet vun dem Mesurë-Katalog. Dat ass insofern wichteg um finanzielle Niveau, nieft der forfaitaire Subventioun déi all Gemeng kritt, dat sinn 10.000 Euro am Joer, fir déi variabel Subventioun kënnen ze berechnen. Ech hunn d'Rechnung gemaach fir är Gemeng: si ass dëst Joer bäigetrueden a kritt dann déi 10.000 Euro mat deene si ka schaffen. Mee wann si géing Enn des Joers en Audit ufroen da kéint si, jee nodeems wéi gutt si ofschnet, dat nächst Joer mat engem dach relativ interessante Budgetsposten rechnen. Bei der éischerter Kategorie wieren dat ronn 120.000 Euro déi zur Verfügung gestallt géinge ginn fir weider Projeten ze finanzéieren. D'Haaptidee ass also, wat e besser ofschnet a wat een d'Certifikatioun éischerter ufreet, jee méi Sue kritt een. Ech denken, fir är Gemeng wier et realistesch am Fréijoer – Summer d'nächst Joer den Audit ze maachen. Kuerz nach, wat ass d' Roll vu Myenergy an dem Zesammenhang? De Projet ass vum Nohaltegkeets-Ministère an Myenergy, als national Energiestruktur huet den Optrag de Projet durchzezéihen, mir sinn den zentralen Uspriechpartner fir d'Gemengen, d'Beroder an fir de Staat. Mir stellen de Gemengen och e ganze Koup Instrumenter zur Verfügung fir an hire Projeten weiderzekommen.

E weidere wichtige Punkt ass deen vum „logiciel de comptabilité énergétique“, dat ass eng Software déi mir zesummen mat enger schwäizer Firma entwéckelt hunn woumat d'Gemengen hiren Energie-Management eegestänneg kennen duerchféieren. Et geet dorëms ze kucken wéieng Gebaier an ëffentlecher Hand sinn op engem Gemengen-Territoire, wat hunn déi fir Charakteristiken. An des Software kann een all déi Donnéeën aginn, d'Charakteristiken an de Verbrauch an da kritt ee gewisen wéi dat Gebai sech situéiert par Rapport zu Referenzwäerter. Dat ass natierlech interessant fir am Laf vun der Zäit ze kucken, wann een eng Measure hellt, néi Fënsteren zum Beispill, wat dat fir en Impakt huet. Et kann een sech och mat anere Gemengen an anere Gebaier vergläichen an esou och Ziler setzen. D'Erfaassung vun den Donnéeën muss vun der Gemeng selwer duerchgefouert ginn, mat der Hëllef vum Klimaberoder. Wann een déi Erfaassung mécht huet een an Zukunft d'Méiglechkeet déi eegen Facteuren ze kontrolléieren. Net nëmmen déi ëffentlech Gebaier gi gekuckt mee och de Fierpark an déi ëffentlech Beliichtung, wat och e wichtigen Aspekt ass. Vill Measure baséieren och ob der Auswäertung vun dësen Zuelen.

Bon, d'Virdeeler hutt dir schonn erkannt, soss hätt dir och de Klimapakt net ënnerschriwwen. De Feedback vun de Gemengen ass dass et effektiv hëlleft d'Aarbecht um Terrain ze strukturéieren an fir gewësse „points de repère“ ze hunn. Et ass an éischerter Linn een Tool fir Käschten ze reduzéieren. Vill Gemengen war am

Virus net bewosst wéivill Budget si fir Energiekäschten ausginn, a wou en relativ vill Spuermoossnamen kann ennerhuelen.

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Ech soen lech am Numm vum Gemengerot Merci fir déi Ausféierungen. Ech hu gesinn vill Conseiller'en hu fläisseg notéiert, déi Powerpoint Presentatioun ass accesibel, mir setzen déi op de Site, da kann jiddereen sech dat ukucken. Här Brücher, hutt Dir nach eppes dozou ze soen?

Patrick Brücher, Schäffen (déi gréng):

Jo, ech wollt dem Här Faber Merci soen fir des Präsentatioun.

Op dem éischten Klimapakt Bericht den d'Gemeng kritt huet gesäit een ganz kloer dass nach vill Aarbecht ze maachen ass. Mir hu vun 353 méigleche Punkten der nëmmen 32,3 erreecht, dat heescht 9 Prozent vum Measure-Katalog sinn an eiser Gemeng ëmgesat. Et ass also nach e wäite Wee bis mir déi 40 oder 50, idealerweis 75 Prozent errechen. Ech sinn awer zouversichtlech dass mir bis 2019, also esou laang wei d'Klimapakt-Subventionen lafen, Minimum 50 Prozent kënnen errechen.

Ganz schwaarz gesäit et aus bei eisen kommunalen Gebaier an Anlagen. Mir hu gesinn dass fir d'éischt en „état des lieux“ muss gemaach ginn, fir den awer iwwerhaupt kënnen ze maachen muss een och Strukturen hunn, et ass also esou dass e Klimateam gegrënnt gouf vum Schäfferot, wat mir elo kuerz virstellen. Mir hunn de Chef de Service vum „Service technique“ den Här Pavone, hien ass och haut hei, Merci dass Dir komm sidd, eis Urbanistin Meggie Négri an de President vun der Ëmweltkommissioun, de Paul Zimmermann, den haut net konnt hei sinn. Och e Verrieder vum Gemenge Sekretariat ass an dem Klimateam dran, grad esou wei e Verrieder aus dem Schäfferot, wat meng Wéinegkeet ass. Zu gudder Läscht nach de „Conseiller écologique“, dee mir jo nach net hunn op Grond vu verschiddene Problemer wei mir virdrun héieren hunn. Ech sinn awer zouversichtlech dass dat Klimateam dozou bäidroen weider Mesuren ze budgetéieren an fir déi nächst Joeren ze plangen. D'Klimateam huet den Opdrag de Measure-Katalog ënnert d'Lupp ze huelen an ze kucken wéieng Mesuren mir an deene nächste Joeren relativ schnell kënnen ëmsetzen. D'Klimateam ass och dofir zoustänneg d'Kommunikatioun tëscht de verschiddene Servicer ze verbesseren fir déi Kriterien ze respektéieren. Dir hutt an der Präsentatioun och gesinn dass Verrieder aus der Gemeng an den Entreprises kënnen am Klimateam deelhuele, soubal mir eisen Umweltberoder genannt hunn kenne mir eng offiziell Ausschreibung maachen fir Bierger a Biergerinnen an eist Klimateam opzehuelen. Mir wollten net weider waarden, well dir gesitt, d'Zäit leeft eis dovun. Den éischte Rapport ass wei gesot net gutt ausgefall mat 9

Prozent, do wëlle mir elo Gas ginn fir an deenen nächste Joeren déi néideg Measure kennen ze huelen. Den „état des lieux“ muss elo gemaach ginn, et ass kloer wann ee well Energie spueren muss ee wëssen wei e Verbrauch de Moment huet beim Stroum, Gas an weien CO2 Ausstouss. Fir déi Wäerter ze bestëmmen mussen mir en Energie-Monitoring an eise Gebaier installéieren. Eng éischt Aufgab vum Klimateam wäert sinn den Energie-Monitoring ze plangen an ze budgetéieren dass mir dat d'nächst Joer kennen ugoen. Et si schonn eng ganz Rei Measure geholl ginn déi awer nach mussen an dem Klimapakt Bericht dokumentéiert ginn. Ech schwätzen hei virun allem eist Cup-System un, d'Mülltrennungskonzept, eise Fierpark wou mir lues a lues op Elektromobiler ëmklammen, d'LED Beliichtung bei der öffentlecher Beliichtung an d'energetesch Renovatioun vun eise Gebaier. Et ass wichteg des Mesuren ze dokumentéieren dass mir och en anstännegen Klimabericht kënnen produzéieren. Dofir grënne mir dat Klimateam an Zesummenaarbecht mat eisem externe Klimaberoder vum Ökobureau Remëlung, dem Här Florian Hans.

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Merci Här Brücher. Ech well insistéieren, nom Motto „tu gutes und sprich davon“, et sinn eng Partie Saachen an der Vergaangenheet gemaach ginn déi awer net dokumentéiert sinn an esou net éligibel sinn. Och déi Saachen déi mir an der Vergaangenheet gemaach hunn mussen beschriwwen an an de Punktesysteme opgeholl ginn. Si Wuertmeldungen dozou? Ech gesinn dat ass net de Fall. Wéi gesot de Fichier kennt op den Internetseite vun der Gemeng an ech soen dem Här Faber Merci an dann géife mir mat der Dagesuerdnung, ah den Här Weiler.

Jean Weiler, Conseilljer (CSV):

Net zum Klimapakt mee zum Punkt 1 Information: ech hu gesinn dass op anere Gemengen de Plan sectoriel virgestallt ginn ass an well d'Délaie kuerz sinn wollt ech wëssen firwat mir hei am Gemengerot de Plan sectoriel net virgestallt kréien oder ass dat nach kuerzfristeg virgesinn?

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Dat ass net kuerzfristeg virgesinn. Ech muss éierlech soen mir mussen eis mol ukucken wat do fir Moossnamen virgesinn sinn, ech hunn nach net de gesamten Iwwerbléck a fir hei eppes ze presentéieren sinn ech gäre preparéiert. Ech war an deenen zwou Versammlungen, an der Stad fir d'„élus politiques“ an um Belval an hunn nach e ganze Koup Froen déi ech fir d'éischt gäre géing klären ier mir dat öffentlech virstellen.

Jean Weiler, Conseilljer (CSV):

D'Bierger hunn bis den 11. August Zäit fir ze reklaméieren.

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

D'Bierger hunn d'Recht zu all Moment op d'Gemeng ze kommen, ze froen an Positioun dozou ze zéien. Dat ass eng ëffentlech Prozedur déi kloer beschriwwen ass a wou ech géing soen dass d'Regierung Reklamm dofir gemaach huet.

Jean Weiler, Conseilljer (CSV):

Jo mee den Délai ass relativ kuerz, dat muss bis den 11. August geschéien, den Délai fir d'Gemeng ass méi laang ech weess awer net bis wéini genee den ass. Ob jidder Fall sinn déi Délaien immens kuerz.

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Et ass fir de Moment net virgesinn mir verschaffen eis selwer emol en Iwwerbléck. Dir wësst jo dass mir direkt nëmmen bei zwee Plans sectoriels betraff sinn: beim „Logement“ a beim „Paysage“, et ass och nach e gewisse Widdersproch tëscht dem Engem an dem Aneeren.

Da komme mir zu de Kontrakter a Konventiounen.

II Kontrakter, Konventiounen**II.1. Konventioun Tosch mat SCI Monteiro****John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Eng „convention d'échange“ mat SCI Monteiro an der Jos Müller Strooss fir de Redressement vum „domaine public“ ze maachen. Hei graphech: giel ënnermoolt wat d'Gemeng kritt an orange ënnermoolt wat SCI Monteiro kritt, et geet also em de Redressement vum Trottoir, et gëtt keng Soulte bezuelt. Sinn do Wuertmeldungen dozou, ech mengen dat ass Routine. Da géing ech dat zum Vote stellen: déi di mat d'Accord sinn bieden ech em en Handzeechen, ass een dogéint, enthält een sech, dat ass net de Fall.

EESTËMMEGE VOTE

II.2. Konventioun Muslic/Mujanovic**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Dann hate mir e Problem zu Téteng op der Knupp, wou de „Service technique“ sech drëm gekëmmert huet. Déi Leit si virstelleg ginn a wollten eng Baugenehmegung fir hir Afaart nei ze maachen, bis mir do awer festgestallt hunn dass dat eigentlech Gemengenterrain ass. Déi di d'Situatioun kennen, dat ass nieft de Konsorten Künsch an et gesäit de Moment net esou super aus. Mir hunn eis d'Fro gestallt ob et net besser wier der Co-Propriétéit hei den Terrain ze cédiéieren dass si dat kënnen anstänneg maachen. D'Gemeng huet kee Besoin fir

den Terrain well d'Entrée fir an d'Résidence vum „Fonds du Logement“ ass nach breet genuch, dofir hu mir eis décidéiert den Terrain ze verkafen dass d'Leit déi Infrastruktur-Aarbechten op hirem eegen Terrain kennen duerchféieren. Et sinn approximativ 10 Meter op 7 Meter 50 a mir froen eng Soulte vun 750 Euro den Ar, wei dat an den Uertschaften üblech ass. Et ass d'Geleeënheet fir den Eck do propper ze maachen, de Moment gesäit et do relativ wüst aus, fir et esou auszedrécken. Sinn do Wuertmeldungen dozou?

Déi, déi mat der Konventioun d'accord sinn bieden ech em en Handzeechen. Ween ass dergéint, ween enthält sech?

EESTËMMEGE VOTE

II.3. Verkafsakt Diels-Kieffer**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Dann hu mir de Verkaafsakte mat Diels-Kieffer, dat mir hei och schonn ënnerschriwwen haten. Dat ass am „lieu-dit“ Schéierbësch, wann dir vu Kayl aus kommt an d'Lënkskéier verpasst, dann lant dir richt dran. Den Terrain leit net am Bauperimeter an mir kenne och net direkt als Gemeng eppes domat ufänken, awer de Präis vun 5.815 Euro gëtt eis e „moyen d'échange“ fir wann mir eng Kéier eppes vun engem Matbierger brauchen, zum Beispill e Bauer. Et ass hei fir 250 Euro den Ar, an dat entsprécht der Expertise déi gemaach gouf. Wuertmeldungen?

Romain Becker, Conseilljer (DP):

Ech mengen do ass och net wierklech een drun interessiert fir ze tauschen.

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Dat weess een net. Mir hunn als Gemeng op ganz ville Plaze Saache leien, awer net do wou se sollen.

Déi, déi mat dem Akt d'accord sinn bieden ech em en Handzeechen. Ween ass dergéint, ween enthält sech?

EESTËMMEGE VOTE

II.3 Zousaz zum Pachtvertrag Lejeune-Peters**John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):**

Dann hu mir en Amendement zu engem „Contrat de bail“ mat der Famill Lejeune-Peters an der Waasserstrooss zu Téteng, wou mir en Terrain vun 1,5 Ar fir 150 Euro verlounen. Et ass elo sou dass d'Famill Lejeune der Entreprise Delli Zotti den Terrain zur Verfügung stellt fir hir „installation de chantier“ ze maachen. Ech mengen

et ass normal dass mir als Auftraggeber déi Leit dann dispenséieren fir déi nächst zwee Joer de Loyer mussen ze bezuelen. Sinn do Wuertmeldungen dozou? Dann géing ech iech bieten och dat mat engem Vote ze dokumentéieren, mat engem Handzeechen. Ass een do dergéint, enthält een sech? Dat ass net de Fall.

EESTËMMEGE VOTE

II.4 Locatioun „An der Schwemm“

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Dann de „contrat de locatioun“ „An der Schwemm“ zu Beetebuerg, mir bezuelen do 50 Euro, mat der TVA mécht dat Brutto 155 Euro déi mir effektiv bezuelen. Et sinn fënnef Klassen déi all zwou Wochen dohi ginn, dat sinn Blockstonnen, sou dass mir am Joer d’Gesamt-käschten vun 27.900 Euro budgetéiert hunn. Dest ass och Routine, ech mengen net dass dat vill Diskussiounen erfuerdert. Ech gesinn dat ass net de Fall.

Déi, déi mat dem Kontrakt d’accord sinn bieten ech em en Handzeechen. Ween ass dergéint, ween enthält sech?

EESTËMMEGE VOTE

II.5 Graf-Konzessioun Kierfechter Käl an Téiteng

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

An dann nach eemol Routine. An eisem Kierfechreglement steet dass déi Graf-Konzessiounen der mir op de Kierfechter verginn duerch de Gemengerot musse goen, am Dossier hutt dir d’Lëscht. Och dat ass Routine ech mengen net dass eng Diskussioun gefrot ass.

Ech bieten iech dann och fir des Konzessiounen en Handzeechen ze ginn. Ass een dergéint? Enthält een sech?

EESTËMMEGE VOTE

III. Musekschoul

Konventioun an Schoulorganisatioun UGDA 2014/2015

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Lo komme mir zur Konventioun mat der UGDA an eisen Elitesportler wat den Museksunterrecht ugeet, den Här

Marcel Humbert, wäert déi néideg Ausféierunge ginn.

Marcel Humbert, Schäffen (LSAP):

Merci Här Buergermeeschter. Mir hunn hei déi provisoersch Konventioun mat der UGDA fir d’Joeren 2014/2015. Wei dir gesitt hunn si eis 270 Minutten gerechent wat dann en Total vun 20.496 Euro mécht. Wann d’Schoul am September ufänkt gesi mir wéivill Stonne effektiv gebraucht ginn, am Fréijoer, Februar-Mäerz dorueter kennt dat dann déi definitiv Konventioun, mat der richteger Zuel vun de Schüler. Do gétt et net vill méi ze soen, dat ass all Joer esou. Entweder kréie mir herno Suen erëm oder mussen der no bezuelen, dat gesi mir.

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Bon, mir hunn d’Konventioun haut op d’Dagesuerdung geholl well den Museksunterrecht den 15. September ugeet, mir wëssen dass d’Zuel vun de Schüler nach kann changéieren, dofir ass dat hei eng provisoersch Schoulorganisatioun an der definitiv kennt no. Wuertmeldungen dozou? Et ass Routine wei all Joer. Da géing ech iech bieten d’Konventioun mat der UGDA 2014/2015 z’approuvéieren. Ass een dogéint, enthält een sech?

EESTËMMEGE VOTE

Dann d’Schoulorganisatioun 2014/2015, déi selwecht Übung.

Déi, déi domat d’accord sinn bieten ech em en Handzeechen. Ween ass dergéint, ween enthält sech? Merci fir dee Vote.

EESTËMMEGE VOTE

IV. Reglementer

IV. 1 an 2 Ännerung vun den Öffnungszäiten vun der Administratioun an Ännerung vum Reglement vum Horaire mobile

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Lo komme mir zu eppes wat vum Gemengerot gefrot ginn ass an wou ech als alleréischt eiser Verwaltungschefin e grouse Merci soen, déi sech, nodeems mir hei driwwer diskutéiert haten, mat de Beamten zesumme gesat huet fir déi Öffnungszäiten festzeleeën. Ech well och dem Gemengerot net firenthalen dass eng Propositioun op den Dësch komm ass mat där en hätt kenne liewen an déi och e valabele Kompromëss ass tëscht de Beamten, fir Mëttwochs e Biergerdag anzeféieren, vu Moies 7 Auer bis Owes 6 Auer. Dat ass eng Propositioun déi ganz honorabel ass, an ech fannen et flott dass mir

et fäerdeg bruecht hunn den Dossier ze deblockéieren an dass och Verständnes vu Säiten vun de Beamten war, dass eng Partie Leit d'Servicer vun der Gemeng kennen an Usproch huelen an kombinéieren mat hirer Aarbechtszäit. Mir hunn déi Proposition zesummen an de Fraktiounen an an der Inter-Fraktioneller beliicht a sinn zur Konklusioun komm dass et fir de Bierger wahrscheinlech besser wär, esou gesi mir et an eisen zwou Fraktiounen, dass d'Büroen owes bis halwer 7 op sinn, well mir wëssen alleguer wéi d'Verkéiserssituatioun op eisen Autobunnen ass an deen deen um 5 an der Stad fortfiert an sech nach well heem anescht undoe goen fir dann nach an de Genoss vun engem Service op der Gemeng ze kommen, ass 6 Auer extrem knapp. An den Aen vun eise Fraktiounen ass et besser de Betrib bis owes halwer 7 opzehalen. Eiser Meenung no kommen moies um 7 net vill Leit. Et ass awer en Erfahrungswäert dass déi Leit déi Kanner an d'Schoul bréngen um 8 Auer, um véirel fir 8 kennen d'Servicer sollicitéieren, sou dass et eiser Meenung no duergeet de Biergerdag moies um halwer 8 unzufänken. D'Proposition vum Schäfferot, vun der Majoritéit ass also d'Proposition vun der Verwaltung esou em ze änneren dass owes bis halwer 7 geschafft gëtt an moies um halwer 8 ugefaang gëtt. D'Öffnungszäiten stinn am Reglement vum „horaire mobile“ an dofir muss mir dat Reglement änneren dass se do sou stinn wei mir dat haut festhalen. Op der anerer Säit ginn déi „plages fixes“ geännert dass d'Leit hir Stonnen och kenne récupéieren. Wann een owes bis halwer 7 bléift kann een och moies dann méi spët kommen, wuel wëssend dass de Service ëmmer muss garantéiert sinn. D'Obligatioun dass de Service muss besat sinn fällt net mat dese Bestëmmungen mee et gëtt engem méi Fräiheet déi Stonnen ze récupéieren. Merci Madame Braconnier an dem ganze Staff deen un dëser Proposition geschafft huet. Mir Politiker stinn och am Kontakt mat de Bierger an wëssen duerch dat wat un eis erubruecht gëtt wou d'Bedierfnisser leien. Da ginn ech d'Wuert un de Conseil fir des Saach ze diskutéieren.

Romain Becker, Conseilljer (DP):

Ech wollt der Verwaltung am Numm vu menger Fraktioun Merci soen, fir d'Bereetschaft, an den Numm ass och flott, e Biergerdag anzeféieren. Et ass eng Fuerderung déi scho laang am Raum steet. D'Gemengepersonal ass am Déngscht vum Bierger, soll sech och am Déngscht vum Bierger fillen. Ech denken dass mir e gutt Stéck weider komm sinn wat de Service um Bierger ugeet wann dat do ëmgusat gëtt. Mir sinn awer och der Meenung dass, wann den Effort gemaach gëtt, een och sollt op hir Meenung lauschteren wat d'Öffnungszäiten ugeet, well si genee wëssen wei et mat der Frequenz ausgesäit, wéini d'Leit do sinn, si sinn méi am Kontakt mam Bierger. An ech denken och net dass si dat esou gemaach hunn ouni Iwwerleeunge

gemaach ze hunn. D'Bereetschaft, de gudden Willen vum Personal weist sech an deenen Öffnungszäiten déi se proposéiert hunn, déi hunn se jo net einfach esou gemaach. Ech géing dofir proposéieren, der Idee vum Personal éischer nozekommen. Och aus praktesche Grënn: wann d'Leit mat de Kanner virun der Schoul wëllen eropkommen ass manner Drock an der Saach, och mam Verkéier, wann se éischer kommen fir hir Pabeieren an d'Rei ze maachen, ginn d'Kanner dann an der Schoul of a kënnen dann op d'Aarbecht fueren. Och den Oflaf ass logesch, grad esou wei ee kann argumentéieren owes nach eppes aneres ze maachen. Also, dat ass wei mir d'Saach gesinn, mir géingen éischer soen fir moies um 7 Auer opzemaachen.

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Okay Här Becker, dat huele mir zur Kenntnis. Ech wollt nach soen dass dat wat hei proposéiert gëtt emol provisoersch fir 1 Joer decidéiert gëtt. Dat zweet ass, dass de „service administratif“ vun der Maison relais eigentlech nach guer net zitéiert ass am Reglement, mir änneren dat dass de Service och ënnert deene nämmelechte Bedingunge schafft wei all déi aner Servicer.

Romain Daubenfeld, Conseilljer (LSAP):

Merci Här Buergermeeschter. Ech kann d'Meenung vum Här Becker an dem Punkt net deelen. D'Erfahrung aus den Nopeschdierfer a Stied weist dass owes soll méi laang op bleiwen. Mir hu laang heirop gewaart, dass eng Proposition gemaach gëtt ass ganz gutt, mee och mir als Politiker muss Verantwortung iwwerhuelen. Et geet hei net dorëms den Beamten entgéint ze kommen mee de Bierger entgéint ze kommen. Jiddereen weess wann d'Leit bis 5 oder halwer 6 schaffen da kënnen se net deen een Dag an der Woch um 6 Auer hei sinn. Ech maache kee Geheimnis doraus, eisen éische Gedanken war bis 7 Auer owes op ze hunn, mir waren och d'Accord mat halwer 7 mee mir sinn elo net bereet ze soen bis 6 Auer. Mam Argument si wëssen wéini d'Leit kommen, si kennen et net wëssen well d'Gemeng war nach ni esou laang op. Dofir muss mir et elo probéieren an dofir ass jo och den Testlaf vun engem Joer.

Wat mech e bësse méi befriemt ass de Bréif deen mir de Mëtten virun der Sitzung an de Grapp gedrückt kruten, wou de President vun der Délégatioun probéiert mat ganz ganz dënnen Argumenter de Punkt vum „ordre du jour“ ze kréien. Jiddereen weess wou ech schaffen an dass ech fir Matbestëmmung sinn, mee hei geet et net em Matbestëmmung mee em den Déngscht um Bierger an do solle mir als Politik eis Verantwortung huelen an dat esou festleeën fir eng Testperiode vun engem Joer.

Viviane Petry, Conseilljer (déi gréng):

Déi Proposition wei se vum Schäfferot vir läit ass fir mech e gudden Kompromëss. D'Personal hat een Dag an der Woch virgesinn, dat ass zeréckbehal ginn. Fir um

7 opzemaachen, froen ech mech och wéivill Leit dovun effektiv profitéieren. Och wann d'Leit virun der Schoul wëllen ob d'Gemeng kommen denken ech net dass een do eng Stonn derfir brauch. Wann een um 7 hei ass, ass een um véirel op 7 erëm dobaussen. Wat mécht een esou fréi, wann et kal ass am Wanter mat sengem Kand dobaussen. Ech fannen et besser mir fänken um halwer 8 un, an awer owes méi spéit well do wäerte vill Leit dervun profitéieren fir no der Aarbecht hei hin ze kommen.

Patrick Brücher, Schäffen (déi gréng):

Ech well eise Beamten Merci soen fir déi Proposition déi se gemaach hunn, et ass zumindest e Schrëtt no vir. Mir müssen eis bewosst sinn, an dat ass vun alle Säite gesot ginn, dass den Déngscht um Bierger vir geet, dat heescht eis Servicer müssen dann accessibel sinn wann eis Bierger Zäit hunn fir op d'Gemeng ze kommen. Ech mengen, déi Auerzäiten déi hei presentéiert gi sinn, mat oder ouni déi hallef Stonn, sinn net „der Weisheit letzter Schluss“, do muss elo mol ee Joer laang Erfahrungswärter gesammelt ginn an da kenne mir kucken ob mir eis nach besser un d'Besoinen vun eiser Populatioun kënnen upassen. Mir sollten eis elo mol e Joer owes un des Zäiten halen, mir mierken all dass den Trafic ëmmer schlimmer gëtt an vill leit spéit schaffen, dass mir och do nach erreechbar sinn an net nëmmen moies fréi.

Romain Becker, Conseilljer (DP):

Et ass jo awer esou, wann mir dat moies um 7 Auer net probéieren kenne mir jo och net erausfannen ob do Leit kommen. A wann mir hei driwwer schwätzen dass mir net wëssen wéini d'Leit wëlle kommen, da sollt een d'Leit vläit eng Kéier froen. Mir deelen souvill Pabeier aus, dat kann een online maachen, dat ass jo awer eng Méiglechkeet, ganz wéineg opwenneg, an mir kënnen d'Leit froen.

Jean Weiler, Conseilljer (CSV):

Mir begrëssen dass de Biergerdag agefouert gëtt an dat de Leit vill méi Flexibilitéit bréngt, et ass wierklech eng Verbesserung. Och dem Personal Merci dass si bereet sinn do matzemaachen. Wouriwwer elo hei geschwat gëtt ass eng hallef Stonn no vir oder no hannen. Dass d'Personal elo reagiert wëll si vläit net schnell genuch an d'Bild gesat goufen an net méi konnten op des Propositionen reagieren dat ass verständlech. Et wär och gutt gewiescht wann eng Méiglechkeet bestanen hätt do nach eng Kéier mam Personal ze schwätzen fir dat méi kloer ze maachen, awer am Prinzip ass dat eng gutt Saach an ech mengen do misst een sech och eens ginn.

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Ech bezéien och dozou Stellung. Also dass mir eis emol eens sinn, ween d'Dagesuednung fir de Gemengerot

festleet dat steet am Gemengegesetz an dat ass de Schäfferot. Ech fannen et e bëssen eng Zoumuddung wann e Fonctionnaire dem Schäfferot seet wat en op d'Dagesuednung ze setzen huet oder net, ëmsou méi dass mir gären hätten dass hei eng gewëssen Sérénitéit stattfënnt, dass mir heimat gären ukommen am September. Punkt zwee, Här Becker, Ëmfroen hu mir gemaach. An do war de „Retour sur Investissement“ gläich null, well d'Leit mierken, wann se op d'Gemeng kommen an se ass net op dann hunn si e Problem, an dee Problem ass iwwermuer schonn erëm vergiess, dofir bréngt e Sondage an dem Sënn näischt. Dofir ass et besser mir fänken mat engem Test un. Et ass iwwerengens äre Wonsch gewiescht fir eng Modifikatioun. Ech fannen et e bëssen erstaunlech, well dir sidd net midd ginn dat do anzufuederen. Mir ginn elo an eng raisonnabel Richtung, et geet em eng hallef Stonn. Et ass och net all Beamten all Woch concernéiert, ech betounen dat. An engem Service mat véier Leit kann een sech gutt arrangéieren dass een nëmmen ee Mol de Mount drukënt. Dass dat elo sou en Drama soll duerstelle? Ech well awer och kloer soen et ass un der Politik hir Responsabilitéite ze huelen, ech fueren net géint d'Beamten, well eng Reform géint d'Beamten funktionéiert net. Iergendwann muss bei den Diskussiounen en Enn sinn an da musse Konklusioone kommen, et geet hei, wei den Här Weiler sot, em eng hallef Stonn. Et geet net em eng hallef Stonn all Woch, wann een sech mat de Kollegen arrangéiert kennt een all 14 Deeg emol drun, oder all dräi Wochen oder all Mount, et sollt een de Bou net iwwerspanen. Concertatioun ass gutt an déi huet jo och hei hir Friichte gedroen an dofir soe mir der Beamteschaft och Merci. An ech bleiwen dobäi dass déi Proposition déi mir hei gemaach hunn akzeptabel ass an dass dobäi kengem en Zack aus der Kroun fält.

Romain Daubefeld, Conseilljer (LSAP):

Ech well dem Här Becker nach eng Kéier äntwerten. Et huet keen vun eis gesot mir wéissten wei d'Bierger géingen op d'Gemeng kommen. Ech hunn net emol vu moies 7 Auer geschat, ech hu just gesot mir missten de Leit d'Méiglechkeet ginn owes méi spéit hei hin ze kommen. Also kennt dir eis elo net virwäerfen mir hätte gesot mir wéisste wéini d'Leit op d'Gemeng kommen. Mir wëssen et net, an d'Beamten wëssen et och net well mir hunn et ni probéiert. Et ass nëmmen eng hallef Stonn, an de Buergermeeschter huet et jo gesot, net jiddereen muss all Woch méi laang bleiwen. Et muss keen dofir méi laang schaffen, en muss just séin perséinleche Planning dofir ëmstellen. An deen deen dat net wëll oder net kann invitéieren ech eng Kéier an d'Privatwirtschaft fir ze kucken wat de Patron dozou seet. Ech fannen dat do relativ schwach, éischtens well et vun iech kennt a wou mir den néie Biergercenter hei presentéiert hunn, hunn ech am Numm vun der LSAP gesot mir sollten domat waarden bis de Biergercenter fäerdeg wär

an do hutt dir gesot mir sollten et direkt maachen. Elo maache mir et an et ass nach net gutt. Also dat ass e bässe schwach.

Romain Becker, Conseilljer (DP):

Ech verstinn d'Opreegung elo net hei. Et huet keen dogéint geschwat, et war eng Proposition an hei ass elo d'Géigen-Proposition diskutéiert ginn, méi war et net. Esou iwwezunnen Aussoen erstaune mech elo. Et war eng sachlech Approche virdrun, mir sinn selbstverständlech dofir, ob eng hallef Stonn vir oder hannen. D'Geschicht war déi, an ech bleiwen och do derbäi, dass mir d'Bereitschaft vum Personal kritt hunn an déi Idee gutt war, an déi Meenung, denken ech, dierf ech jo awer verrieden.

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Okay, domat wär d'Diskussion ausgereizt. D'Proposition loung am Dossier, dat géing bedeiten dass d'Öffnungszeiten déi selwecht bleiwen Méindes, Dënschdes, Donneschdes a Freides, dass de Mëttwoch Biergerdag déclaréiert gëtt an d' Servicer do vun halwer 8 bis halwer 12 a vun halwer 2 bis halwer 7 schaffen. Dozou gehéiert eng Reduktioun vun den „Plages fixes“ vum Horaire mobile, mam Amendement dass och de „Service administratif“ vun der Maison relais an dat Reglement kënnt, dass d'„Plages fixes“ also vun 9 Auer 30 bis 11 Auer a 14 Auer 30 bis 16 Auer reduzéiert ginn. Dat sinn déi zwee Voten déi mir sollen huelen. Den éischte Vote ass den iwwert d'Öffnungszeiten. Den Här Weiler?

Jean Weiler, Conseilljer (CSV):

Ech hunn nach eng Fro zum éischten Artikel, do steet „à l'exception du personnel ouvrier“ misst dat net „salariés à tâche manuelle“ sinn?

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Wa mir schonn amgaange sinn eppes néits ze maachen dann „upgrade“ mir dat an iwwerhuelen net den alen Text.

Den éischte Vote ass den Biergerdag anzeféieren. Déi di domat d'Accord sinn bieten ech em en Handzeechen. Ass een dogéint, enthält een sech?

EESTËMMEGE VOTE

An dann d'Amendement vum Reglement vum Horaire mobile, sou wei dir et virleien hutt mat deenen zwee Suppléments. Déi di domat d'Accord sinn bieten ech em en Handzeechen. Ass een dogéint, enthält een sech?

EESTËMMEGE VOTE

V. Berodend Kommissiounen

V. 1 Démissioun vun engem Member vun der Betreuungsstrukture-Kommissioun

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Den Delegéierten vun der Elterevereenegung an der „Commission des structures d'accueil“ den Norbert Steinmetz, demissionéiert als „membre effectif“. Mir soen dem Här Steinmetz Merci fir s'Engagement an der Kommissioun. Ech géing déi Demission zum Vote stellen. Déi di domat d'Accord sinn bieten ech em en Handzeechen. Ass een dogéint, enthält een sech?

EESTËMMEGE VOTE

V. 2 Nennen vun engem Member vun der Betreuungsstrukture-Kommissioun

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Dann gëtt als Delegéierten vun der Elterevereenegung d'Madame Sandra De Freitas-Darquenne, dem Carlos De Freitas seng Fra fir déi wou si net kennen, als „membre effectif“ an der „Commission des structures d'accueil“ opgeholl.

Déi di domat d'Accord sinn bieten ech em en Handzeechen. Ass een dogéint, enthält een sech?

EESTËMMEGE VOTE

VI. Finanzen

VI. 1 Aussergewéinleche Subside un de Kléng- déierenzichter Veräin

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Da komme mir schonn zu de Gemengefinanzen, „Allocation d'un Subside extraordinaire“ un d'Société avicole. Mir ware prett, dir Dammen an dir Hären, an den Architekt hat en „délai d'ordre“ gesat kritt fir den 15. Mäi déi éischt Devisë ze bréngen, fir de „gros-œuvre“ an d'„structure métallique“ fir eis Zuchtanlag. Ech betounen elo mol, eis Société avicole ass eng „association agricole“ déi leeft ënnert der Gesetzgebung vun de landwirtschaftlechen Associatiounen. An der Teschenzäit waren awer Problemer am Veräin entstanden, sou dass mir als Gemeng eis verpflichtet gefillt hunn schréftlech nozefroen ob de Vote vum President a vum Comité entsprechend dem Gesetz ofgelaf wär. Si haten nämlech ob emol e néie President aus dem Hut gezaubert, wou zanter Joeren Tractatioune gelaf sinn. Fina-

lement hunn déi Problemer an der Société avicole sech geluecht an de Veräin steet. Mir sinn dann amgaangen déi néideg Moosnamen ze huelen dass mir an aller Sécherheet, wat dat Finanziellt betrifft, mat der Société avicole kennen den „Deal“ maachen fir déi Struktur ze bauen. Fest steet dass d' ASTA (Administration des services techniques de l'agriculture) déi Subsiden nëmmen un d'Société avicole bezuelen an net un d'Gemeng, sou dass de „Maître d'ouvrage“ d'Société avicole wäert sinn. Mir haten Suen am Budget virgesinn fir déi Konstruktioun am leweschbuer ze maachen, mir haten den Devis de 6. Februar 2013 gestemmt, iwwer 403.912,21 Euro, de staatleche Subside soll sech tëscht 103.000 an 112.000 Euro bewegen, dat ass en Drëttel vun der Dépense, awer nëmmen op deem wat si als éligibel ugesinn, d'Buvette also net fir dat emol kloer ze soen. Sou dass mir an de Budget 2014 180.000 Euro gesat hunn fir unzekommen. Well d'Société avicole awer „Maître d'ouvrage“ ass mussen si och déi Rechnungen bezuelen. Eise Service technique mécht déi ganz Viraarbecht, si kontrolléieren d'Devisen ier d'Société avicole alles bei de Fournisseure bestellt. Si kréien dann vun de Fournisseuren d'Rechnungen an da stellt d'Fro sech, mat wat soll d'Société avicole déi Rechnungen bezuelen? Dofir maache mir eng Proposition hei, wei et och an anere Gemenge gemaach gëtt, fir e „Subside extraordinaire“ ze stëmmen iwwer de Montant den am Budget steet dëst Joer fir der Société avicole den zur Verfügung ze stellen. Ech betounen, dat heescht elo net dass mir der Société avicole en Subside vun 180.000 Euro ginn an da kréien déi e Virement vun 180.000 Euro, sou wäert et net funktionéieren. Mir stemmen hei eng „Ligne de crédit“ déi si op der Gemeng hunn, wann si dann eng Rechnung kréien kommen si domat op d'Gemeng an déi Zomm gëtt dann un d'Société avicole iwwerweisen, fir de Risiko fir d'Gemeng sou niddereg wéi méiglech ze halen. Ech wëll kengem eppes ënnerstellen, mee esou bleiwen déi Suen limitéiert op d'Montanten vun de Rechnungen. Ier si déi éischt Sue kréien mussen si eng Obligatioun vis-à-vis vun der Gemeng ënnerschreiwen dass si regelméisseg hir Demande fir d'Subsiden maachen, si eng Kontabilitéit feieren, wat si vun der Gemeng kritt hunn, wat si bezuelt hunn a wat si fir Subsiden kritt hunn. Wann si eng Rechnung vun 30.000 Euro kréien an och schonn 25.000 Euro Subside kritt hunn bezilt d'Gemeng nach déi 5.000 Euro. An si kréien d'Obligatioun en „décompte final“ ze maachen wann d' Aarbechte fäerdeg sinn an de Subside un d'Gemeng zeréck z'iwwerweisen. Ech mengen esou hu mir mat der gréisster Sécherheet, dir wësst jo wéi et ass, „des bons comptes font des bons amis“, dat soll vun vir eran u kloer sinn. Et ass also eng „Ligne de crédit“ wou si d'Suen esou kréien wei d'Aarbechte viru ginn. Hunn ech dat esou gutt erkläert wei dat soll funktionéieren, den Här Gonçalves seet jo.

Jean Weiler, Conseilljer (CSV):

Jo ech hunn eng Fro. Et ass jo fein dass si déi Zuchtanlag kréien an de Präis ass och net schlecht an d'Gemeng investéiert do e ganze Koup dran. Fir de Fall wou de Veräin eng Kéier a Schwieregkeete wär oder géing opgeléist ginn, wat geschitt dann mat de Gebaier, fallen déi un d'Gemeng?

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Den Terrain zitt de Bau, dat ass ganz kloer. Mir hunn, fir iwwerhaupt den Dossier un d'Lafen ze kréien bei der ASTA, missten eng „promesse de bail emphytéotique“ ginn, fir sécherstellen dass si en „titre juridique“ iwwer de Buedem hunn. Et ass awer esou dass mir, wann mir eng Emphytéose, dat ass en Notairesakt, schreiwen, mir en Passage virgesinn, dass wann dee Veräin sech opléist dass déi Emphytéose hifälleg ass. Et mécht mir net wierklech Kappzerbrieches, well eng Emphytéose ass wuel en „droit réel“ mee de Fong gehéiert nach ëmmer der Gemeng, an egal wéi fällt iergendwann souwuel de Bau wéi de Fong zeréck un d'Gemeng. Awer dat muss en Notairesakt sinn. Mir mussen eis natierlech Sécherheet maachen, mir hu gesot déi „promesse de bail emphytéotique“ gelt nëmmen wann eppes aus dem Projet gëtt. Et si vill Leit déi dat vergiessen well wann een dat net mécht kéint theoretisch den deen d'Promesse gemaach huet soen, ech hätt elo gären den Terrain als Emphytéose, dir hutt eis dat jo versprach och wa keng Zuchtanlag drop gebaut ginn ass.

Camille Thomé, Conseilljer (CSV):

Ma ech wollt emol froen, wou de Schéissstand seng 100 Meter Anlag gebaut huet, huet de Veräin missen esou vill Euro bäileeën, ech weess net wéivill et war, et war e gudd Batz. Kritt deen hei Veräin alles gestallt, muss deen näischt aus senger Keess bäizeleeën?

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Also, si wäerte schonn erbäi gezu ginn fir eng Partie Finitionsaarbechten ze maachen mee do ass näischt chiffriert wou mir soen, är Eegeleeschtung ass esou vill. Dat hunn mir an dësem Fall net. Ech mengen dat hängt och e bëssen vun der finanzieller Situatioun vum Veräin of, dat ass emol dat eent. An zweetens, ech weess net wéi laang dëse Gemengerot an dëser Konfiguratioun bléift, ech well och kloer soen dass dat meng Position ass. Mir sinn amgaang lauter Saachen ze maachen déi scho virun anno Tubak versprach gi waren, ënnert anerem dat do. Et kéint een e Buch doriwwer schreiwen. Ech soen et kloer an däitlech, wann an Zukunft e Veräin un d'Gemeng eruntritt an en hätt gären eppes, dann geet et wéi d'europäesch Kommissioun et mécht, är Eegeleeschtung spillt och eng Roll. Wa keng Eegeleeschtung vum Veräin muss erbruecht ginn da steigere sech d'Revendicatiounen sech an d'Onermeesslecht, dat ass eisen Erfahrungswäert. Wann ee selwer, a

wann et nëmmen 5 oder 10 Prozent vun dem Bau aus der eegener Kees bezuelen, dann ass ee schonn vill méi zeréckhalend. Wei gesot alles wat mir hei gemaach hunn geet op Verspriechen zeréck déi scho relativ wäit zeréck leien, an Zukunft ass dat anescht. Ech schwätzen zum Beispill vun engem Veräin wei d'Pétanque déi gären eng iwwerdeckte Piste hätten, do baut d'Gemeng net ouni dass si selwer eppes leeschten. Dat ass meng perséinlech Meenung. Ob déi gedeelt gëtt ass eng aner Fro, ech warnen awer virdrun et anescht ze maachen. Beäntwert dat är Fro, Här Thomé?

Camille Thomé, Conseilljer (CSV):

Yes!

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Voilà, da géinge mir déi „Ligne de crédit“ stëmmen. Déi déi mat d'accord sinn bieden ech em en Handzeechen. Ass een do dergéint? Enthält een sech?

EESTËMMEGE VOTE

Wéini gëtt ugefaang? Ech géing soen am Hierscht geet et un. D'Gebaier sinn ofgerappt ginn an och déi si subventionabel dofir hu mir déi Rechnung nach net bezuelt, déi bezilt de Veräin selwer dass si och do e Subside kréien.

VII Punkt vum Conseilljer Romain Becker

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Här Becker, hutt dir scho Congé dass dir esou äifreg sidd? Mir hunn dräi verschidde Kategorien, wann ech dat därer esou soen, mir hunn der déi mam Stroosse-Verkëier ze dinn hunn, eng huet mat der Téitenger Gare ze dinn an eng mat de Panneauen vum „Fauchage tardif“. Ech géing iech bieden déi dräi déi mam Verkëier ze dinn hunn zesummen ze presentéieren.

Romain Becker, Conseilljer (DP):

Jo. Et ass esou dass Bierger u mech erugetruede sinn déi fonnt hunn et wär fein dass Panneauen iwwert de „Fauchage tardif“ opgestallt ginn, iwwert de Sënn an Zweck dovun ass elo net riets, et ass esou dass et flott wär wann ee Panneauen mat Informatiounen opstellt dass een déi och gelies kritt. Et sinn der Recto-verso bedréckt an e puer Panneauen stinn esou dass ee guer net hannendru kann goen an d'Informatiounen net matkritt. Dat ass vun verschiddene Bierger als onlogesch ëmfonnt ginn. Da kéint een verschidde Panneauen jo am V opriichten dass een och hannendrop gelies kritt. E gutt Beispill ass an der Nierzenger Strooss, do steet esou e Panneau. Et gëtt schon investéiert an informéiert an da kritt een et net gelies, dofir déi kleng

Suggestioun. Dat ass elo net héchst politesch, et misst een sech just e bësse Gedanke maachen an dann gëtt dat verbessert.

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Eise „Fauchage tardif“ Spezialist Patrick Brücher äntwert iech dorop.

Patrick Brücher, Schäffen (déi gréng):

Mir hunn am ganzen 11 Panneauen opgestallt fir iwwert den „Fauchage tardif“ z'informéieren. Déi Informatiounen déi op de Panneauen stinn steet och op eise Internetseite, dat heescht den Accès zu den Informatiounen ass egal wéi assuréiert. Op de Panneauen ass op enger Säit de Logo mam Text „Fauchage tardif“ an op der anerer Säit ass den Informatiounstext. Dee Panneau an der Nierzenger Stross ass esou opgestallt dass en Text mat den Informatiounen och op der Säit ass wou ee laanscht geet, sou dass een dat ouni Problem ka liesen. Ech mengen et ass net esou wëll wann een de Logo vum „Fauchage tardif“ net direkt gesäit, et kann een och ronderëm goen an sech dat ukucken. Déi meeschte Panneauen si perpendiculaire zu de Weeër opgestallt ginn dass ee se vun béide Säite ka gesinn. Am Noutfall, wéi gesot, op Kayl.lu kann ee gären déi Informatiounen eemol noliesen.

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Ech mengen méi ass zu der Saach net ze soen. Ah dach, den Här Thomé!

Camille Thomé, Conseilljer (CSV):

Dach ech hunn eppes ze soen. An zwar fannen ech am grouse Ganzen dass di Saach mat de Panneauen Quatsch ass. Fir mech ass dat Geld ewech geheit. Den Här Hoffmann schreift ëmmer a sengem Tageblatt dass eis Gemeng esou schéin ass an esou flott ass, mee eis Gemeng verdreckt. Iwwerall solle mir esou schéi Gäertecher hunn, et gëtt keen een méi gebotzt, d'Onkraut wisst bis e Meter héich. Wann een d'Schoulstrooss kuckt, wou bis elo net geméint gouf, haten se elo zwee bis dräi Këschten Gedrécks eraus ze fëschen, wat net wär wann dat uerdentlech an der Rei géing gehal ginn. Am lewechbuer hätt ee léiwer eng Bänk stoen am plaz dat Schëld, wa mir scho vun de Schëlter schwätzen, fir eng Bänk ass kee Su do. Dat verstinn ech net. All Mënsch deen dorower spazéiere geet liest dat ee mol mee op enger Bänk kéint een all Dag drop setzen. Déi déi dat gären dohi setzen sollen dat doheem an hire Gaart setzen awer net op déi öffentlech Strooss. Dat ass meng Meenung.

Patrick Brücher, Schäffen (déi gréng):

Här Thomé, ech si bereet fir ze diskutéieren an op är Kommentaren ze äntwerten, ech géing awer bieden dat an engem uerdentlechen Toun ze maachen. Är

Meenung an allen Éieren mee dat ass net déi eenzeg Meenung déi zielt, oder? „Fauchage tardif“ wisou maache mir et? Well d'Beien amgaang sinn ze verschwannen, well eis Biodiversitéit amgaang ass zeréck ze goen, dofir maache mir de „Fauchage tardif“. Well mir net méi genuch op eis Ëmwelt oppassen. Wann d'Beie bis fort sinn, dann ass är Meenung an allen Éieren net méi vill wäert well dann hu mir ganz aner Problemer. Mir hunn déi Panneauen vum „Fauchage tardif“ eben opgestallt fir d'Leit driwwer z'informéieren déi sech oppreegen wisou d'Wiss esou héich ass. An wat d'Grënn dofir sinn kënnt dir eben noliesen, fir des Biodiversitéit z'erhalen. Ouni d'Panneauen hätten d'Leit sech opgeregert an keng Äntwerte kritt.

Et ass esou dass mir zwou Zorte „Fauchage tardif“ hunn. Een wou nëmmen ee bis zweemol am Joer geméint gëtt, dat ass ëmmer am Juni an Enn August. An e „Fauchage tardif“ wat extensiivt Méinen genannt gëtt wou dräi mol am Joer geméint gëtt an eng Bordure vun engem Meter laanscht d'Weeër méi kuerz gehal gëtt, fir dass d'Leit net am Knascht, wéi dir dat sot, musse ronderëm goen. An Här Thomé, dat ass Natur, dat ass kee Knascht, ech gesinn dat e bëssen anescht wéi dir.

Zu de Panneauen, mir hunn déi selwer gemaach an Zesummenaarbecht mam CIGL. Si hunn de Kader gemaach an mir hunn d'Informationunstable an der Mëtt ausgeschafft, esou dass di Panneauen guer net esou deier waren, sou dass ech dat Argument net ka gëlle loossen. Wat d'Bänken am leweschbuer ugeet, dat ass eng aner Problematik, ech géing iech bidden verschidde Problematike net mateneen ze vermëschen. Mir kënnen gären iwwer Bänke schwätzen mee dat huet guer näischt mam „Fauchage tardif“ ze dinn, dat eent beaflosst net dat anert.

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Gutt, sidd dir fäerdeg Här Brücher? Déi Diskussioun inspiréiert den Här Daubenfeld.

Romain Daubenfeld, Conseilljer (LSAP):

Am Prinzip wollt ech mech net amëschen wëll ech vum „Fauchage tardif“ näischt kennen. Dee Panneau steet do wann ee vu Näerzeng era kënnt an de steet op der Plaz wou de „Fauchage tardif“ gemaach gëtt also ass et jo kloer. Am Prinzip huet een do souwisou keng Zäit fir ze kucken wann ee laanschtfiert well da gëtt et geféierlech. Dat zweet ass, hei kommen zwou Reliounen openeen, den Här Thomé hätt gären kleng geméint dass een iwwerall gesäit, an den Här Brücher mengt et ass besser wann d'Beien méi laang liewen. Wat elo richteg oder falsch ass, ass eng aner Diskussioun mee bon. Kommt mir kucken dass mir dat an de Grëff kréien, och wa spéit geméint gëtt dass awer gebotzt gëtt. Et huet effektiv näischt mat Natur ze dinn wann Béchsen dorueter léien. Wa mir méi oft botze, net méine ginn, ech mengen dann gidd dir zwee souguer eens.

Patrick Brücher, Schäffen (déi gréng):

Dat huet nach ëmmer näischt mam „Fauchage tardif“ ze dinn. Mam Knascht ginn ech iech Recht mee dat huet näischt domat ze dinn.

Romain Daubenfeld, Conseilljer (LSAP):

Nee, ganz kloer.

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Also, loosse mir kee Witz hei maachen. Den Här Becker huet sech net en intergalaktesche Rundumschlag gefrot, en huet gefrot wat et op sech huet mat den Panneauen vum „Fauchage tardif“. Den Här Thomé nach eemol an dann maache mir zou.

Camille Thomé, Conseilljer (CSV):

Majo ech probéieren dann elo e bëssen méi lues ze schwätzen. Wann den Här Brücher mengt, dat wär Natur. Mir hunn elo grad gesot dass mir op Schëffleng zou e Stéck kafen, do kann een Natur loosse fir d'Beien. Awer net laanscht d'Strooss wou d'Kanner an d'Hënn lafen an dann doheem hellt een Zécken eraus.

Patrick Brücher, Schäffen (déi gréng):

Här Thomé, ech mengen dir hutt eng aner Approche zur Natur. An informéiert iech emol wou d'Zécken eigentlech sinn, sécher net an dese Wisen.

Camille Thomé, Conseilljer (CSV):

D'Zécken sinn op de Beem an an den Hecken an da fallen déi erof.

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Stop, stop! Ech weess, Här Thomé, dass mir iech net iwwerzeegt kréien, dat eenzegt wat ech iech soen, dass weder ech, nach den Här Brücher an den Här Daubenfeld Béchsen an d'Landschaft geheien. An Amerika ass et, eng Béchs erausgeheit, 500 Dollar Strof. Wann dir dohi wëllt. Hei kanns de deng Bom ëmbréngen dann hues de nach keng 500 Euro Strof. Do si mir. Dat ass eppes wat mech révoltéiert. Dir hutt recht an d'Gemegepolitik kritt d'Schold. All Mënsch ka seng McDonalds Tut mat de Fritten op d'Strooss geheien an et ass dem Buergermeeschter seng Schold. Ech hunn dat schonn oft enregistréiert awer esou kann et jo och net sinn. Punkt. Mir waren bei de Panneauen vum „Fauchage tardif“.

Här Becker ären nächste Punkt.

Romain Becker, Conseilljer (DP):

Meng nächst Fro geet em d'Gare zu Téiteng, wou vill Associatioune sinn, wou vill Réunioune sinn, wann ee schonn e puer Mol do derbäi war weess een dass e puer Problemer do sinn fir eng Réunioun ofzehalen, duerch de Kaméidi, et schalt immens vill dobannen. Et

wär jo méiglech de Raum mat Panneauen „anti sonore“ z'équipéieren dass een net sou muss jäizen an déi schlecht Qualitéit vun de Réuniounen verbessern.

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Här Becker, eise Spezialist vun alle Veräinsfroen, den Här Marcel Humbert äntwert iech.

Marcel Humbert, Schäffen (LSAP):

Här Becker ech weess genau dass d'Akustik net ganz gutt ass. Ufanks ass och vun der Veräiner gefrot ginn fir do eppes ze maachen, op eemol huet et awer geheescht et wär esou an der Rei, wann net zevill Leit mateneen schwätzen ass et gutt. Dat well awer net heeschen dass mir net elo kënnen dono kucken. Hätt dir net eng gutt Idee dozou, fir eis mat op de Wee ze ginn?

Romain Daubenfeld, Conseilljer (LSAP):

Den Här Becker huet nëmmen gutt Ideeën.

Romain Becker, Conseilljer (DP):

Ma dat si Panneauen mat engem Duch drop, dat schléckt de Schall. Dat ass en Akustik-Plafong, sou wéi se hei och sinn, en anere Modell. Dat si Placke déi ee fäerdeg ka kafen an déi ginn un de Plafong geschrauft oder un d'Mauern.

Jean Weiler, Conseilljer (CSV):

Ech kann do nëmmen dem Här Becker zoustëmmen, wann een do wëll eng Versammlung ofhalen ass déi Akustik wierklech ganz penibel a ganz ustrengend.

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Merci Här Weiler. Ech hat den Här Daubenfeld iwwersinn. Ech muss ëmmer de Bléck op d'Oppositoun hunn, ech muss déi besser ënner Kontroll hunn.

Romain Daubenfeld, Conseilljer (LSAP):

Jo dat ass well ech därmoosse kleng sinn. Ech wollt mech och an déi do Fro net amëschen, ech wollt just dobäi soen, well mir schonn de Mëtten esou lëschtég sinn, mir hunn als Veräin och all Mount eng Sitzung op der Gare. Mir hunn e Modus Vivendi fonnt, mir schwätzen, wei de Kolleg Schäffen gesot huet, een nom aneren an méi lues an bei eis gëtt et kee Problem mam Schall, an ech ka soen bei eis an de Sitzungen si mir eis och net ëmmer eens. Da probéiert een normal ze schwätzen an dann ass et kee Problem.

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Mir hunn déi Fro natierlech mat Interesse gekuckt an sinn zur Konklusioon kouw dass et keen „péril en la demeure“ ass, dass een do net direkt eppes misst investéieren. Mee wéi de Schäffen Humbert gesot huet, mir ginn dat kucken a wann een do eppes ka maachen wat net ze deier kascht si mir déi lescht déi dat net wël-

le maachen. Mee mir hunn awer eigentlech arrétéiert dass, et ass e friemt Gebai, et gehéiert eis net, net direkt eppes dran z'investéieren. Dat ass fir de Moment emol, dem Schäfferot seng Positioun.

Carlo Birchen, Conseilljer (LSAP):

Wann et net deier ass dann ass et och näischt, da maache mir och näischt.

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Mir halen dat am A, méi well ech net dozou soen. Här Becker, nächste Punkt.

Romain Becker, Conseilljer (DP):

Den anere Punkt betrifft allgemeng de Verkéier an der Gemeng. Et muss e leider feststellen dass erëm vill Camionnetten duerch d'Duerf geparkt sinn, et si vill Situatioune déi zënter Joeren sollten évitéiert ginn, vill Camionnetten déi virun den Trottoirë stinn, déi mir elo erëm fannen. Et ass nees esou geféierlech ginn wei et vir Joeren emol war an et schéngt wéi wann do net méi genuch kontrolléiert gëtt. Wa Kontrolle géinge gemaach ginn, géing ee feststellen dass et an eiser Gemeng agerass ass, op den Trottoirë ze parken. Dat ass Gang und Gebe, egal zu wéineger Auerzäit een duerch d'Duerf geet gesäit een Autoen déi mat véier Rieder um Trottoir stinn. Dat ass jo net normal, de Bierger deen sech un d'Reglementer an Gesetzer hält muss sech jo virkommen wéi en Topert. Wei dir gesot hutt Här Buergermeeschter, ech geheien keng Béchs aus der Fënster an ech parken och net méin Auto, net mat zwee Rieder an och net mat véier Rieder, op den Trottoir. Et geet net duer Règlementer ze hunn, et mussen och Kontrolle gemaach ginn an do muss mat enger gewëssener Konsequenz virgaange ginn.

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Ech hunn, wat déi Saach betrifft, éischer de „sens germanique“, ech hunn d'Uerdnung gär well mech dat perséinlech och revoltéiert wann ee gesäit wei verschidde Leit geparkt sinn, wei dir richtig sot. D'Saach ass awer déi, dass eisen Agent municipal, ech hu mir de Krankeschäin erausdrécke gelooss, ganz vill mam Réck geheit ass. D'Situatioun wei mir se fir fannen ass drop zeréck ze feieren dass eisen Agent municipal zanter dem 2. Januar am Krankeschäin ass, mam Réck operéiert ginn ass an no drun ass d'Invalidérent ze kréien. Ech mengen et felt nach ee Mount da gëtt en ofgemellt, dat mécht dee Mann natierlech net express. Et weist op dat hin, an dat halen ech iech zegutt Här Becker, dass dir schonn e puer Mol am Conseil drop hi gewisen hutt en zweeten Agent municipal anzustellen. Deemools hat ech och de Max Georges, eisen Agent municipal, gefrot, an hien sot awer hien géing eens ginn. Awer natierlech net a engem Joer wou en periodeweis krank ass. Et mierkt een et direkt, wann den Agent municipal

krank ass dauert et eng Woch oder véierzéng Deeg an dann fänkt d'Anarchie wat Parke betrëfft erëm un.

Ech géing jo soe mir maachen e Courier un d'Police, mee dir wësst jo dass net den CP aus dem Kaldall owes zoustänneg ass, wann de meeschte Misère ass, mee déi Escher Kollegen an déi souwisou scho genuch mat sech selwer ze dinn hunn. Wat den Agent municipal betrëfft, mir hunn en Numerus clausus op der Gemeng, mir waarden elo of wat mam Max Georges geschitt mee wann en net schaffe kennt da gëtt en ofgemellt, dat schéngt mir ganz kloer ze sinn. Mee wann en erëm do ass mierkt een et direkt. Et ass och ganz drolech dass ewell och kleng Gemengen op den Agent municipal zeréckgräifen, déi dann offensichtlech den nämmelechte Problem hu wéi mir, dass d'Police sech em de fuerende Verkéier këmmert an mir kréien dat hei net changéiert, et hängt einfach un der Kontroll an un der Sanktioun. Mir wënschen eis dass de Max Georges esou séier wéi méiglech erëm kennt, wann hien net erëm kennt mussen mir en aneren astellen, dat schéngt mir déi eenzeg Léiung ze sinn.

Patrick Brücher, Schäffen (déi gréng):

Hei muss een un éischer Stell un d'Leit appelléieren, et ass wei mam Dreck. Ech kann et och net hunn wann een s'Knätsch op de Buedem späizt oder den Dreck zum Auto erausgeheit, mir liewen an enger Gesellschaft wou jiddereen s'Knätsch Dreck ewech gehäit an et ass een Topert do deen en ewech maache geet. Mir kommen der Produktioun vu Knascht net méi hannen drun an ech mengen mat den Autoen ass et och esou. Mir hunn et zougelooss dass d'Autoen ëmmer méi an eise perséinleche Liewensraum andréngen, d'Kanner kennen net méi op de Stroosse spillen an den Zentren, et gëtt ëmmer méi Verkéier produzéiert an d'ësst ass elo d'Konsequenz déi mir ze spiere kréien, dass d'Autoen eise Liewensraum iwwerholl hunn, an dat ass e grouse Problem. Dofir sinn ech dofir méiglechst vill „zones de rencontre“ oder autofräi Zentren ze schafen.

José Gonçalves, Conseilljer (CSV):

Ech well drun erënneren dass mir emol am Conseil d'Optioun beschwat hunn, dass d'Camionnetten do uewen um Kierfecht kéinte parken, well et si jo awer e puer Betriber am Duerf déi zwee, dräi Leit beschäftegen, déi wäeren dann net matten am Duerf.

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Här Gonçalves, dat ass déi zweet Diskussioun déi den Här Becker ugereegt huet, dat hängt mam Verkéiersreglement zesummen. De Fazit zu dëser Diskussioun ass, Kontroll a Sanktioun, eppes aneres déngt näischt.

Romain Daubenfeld, Conseilljer (LSAP):

Just zum Här Gonçalves, wa mir um Kierfecht Parking maachen stinn owes Camionnetten do, mee da stinn

am Dag Autoen do. Well wann déi aus dem Duerf kommen kënnen déi jo net „un kilomètre à pied“ goen fir schaffen ze goen.

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Här Daubenfeld, dat sinn Saachen déi an der Verkéierskommissioun ëmmer erëm analyséiert ginn, mir mussen de „pour et contre“ emol ofweien. Et ass nach e Problem et ass relativ isoléiert do uewen do kënn dann eng gewësse Quote un „délinquance“, also dat wëll ech net garantéieren. Dat ass eng Diskussioun déi mir an der Verkéierskommissioun mussen feieren.

Romain Becker, Conseilljer (DP):

Mir hu jo Plazen definéiert wou ee ka parken, mir geet et dorëms ze kucken dass mir dat emol anhale wat mir hunn, dass dat eng Diskussioun ass déi een ëmmer ka weider feieren oder aktualiséieren ass richtig. Wa mir net strikt kontrolléieren erreche mir net emol dat Zil wat mir eis scho gesat hunn. En zweete Kontroller wär net vu Muttwëll, well deen een kéint jo Congé hunn oder krank sinn. A wa mir hei schonn vill Leit astellen wär dat emol e Posten den definitiv s'ënnvoll wär.

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Här Becker, iwwert den Artikel 13 hätt dir just dat kënne fuerderen. Gutt, den nächsten.

Romain Becker, Conseilljer (DP):

Dëse Punkt huet mam Verkéiersreglement ze dinn, wann een op den Internetsite geet gesäit een dass dat Reglement vum Februar 2010 ass. Et huet sech awer an der Zäit viles geännert, et si Situatiounen a Stroossen bäikomm déi net am Reglement erëm ze fanne sinn. Mir hunn am Duerf e puer Situatiounen déi geféierlech sinn, wou och schonn an der Kommissioun driwwer geschwat ginn ass, déi awer elo net ëmgemat ginn well d'Verkéiersreglement net ugepasst ass. Ech mengen do zum Beispill zu Téiteng déi Kräizung wou d'Pizaen um Eck verkaf ginn. Bei verschiddene Situatiounen gëtt et weder en temporairt Reglement nach sinn se am Reglement festgeschriwwen. Ech géing mengen et wär gutt wann een mindestens zweemol am Joer dat Reglement géing adaptéieren. Ech weess dass do Délaie sinn mat an d'Stad schécken an hei an do mee dat Dokument hei ass awer schonn iwwer véier Joer al, dass dat aktualiséiert gëtt, oder dass mir zumindest am Gemengerot eng Décisioun huelen fir Situatiounen ze entschärfen.

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Den Här Gonçalves ass an der Verkéierskommissioun, d'Vertrieder vun der Demokratescher Partei an der Kommissioun ass den Nico Huberty an den Robert Oé. Mir hunn iwwerluecht wei mir hei solle virgoen, ob mir punktuell Adaptatiounen maachen, an et ass zeréckbe-

hal ginn, Här Gonçalves dir widderspricht mir jo net, dass wann d'Konklusioun vum der Verkéiersétude do sinn, dass all déi Adaptatiounen opgeholl ginn. Den Här Künsch den sech em de Verkéier bekëmmert an dofir och den 8ter kritt huet, huet eng ganz Lëscht mat den Amendementer prett léien fir déi Situatiounen z'entschäerfen.

Et ass eng Optioun déi d'Verkéierskommissioun geholl huet, ze soen mir maachen net regelméisseg déi Adaptatiounen well d'Autorisatiounen vum Staat daure laang, an dat ass och eppes wou mir iergendwann müssen uschwätzen, ech verstinn dat, mech iergert dat och, grad esou wei et mech iergert dass mir um Niveau PAG net richtig vir kommen wëll do permanent ronderëm geéiert gëtt fir d'Texter ze änneren. Beim Verkéier huet d'Kommissioun gesot mir sammelen alles an maachen dann eng „Réforme complète“ vum Verkéiersreglement, wann d'Konklusioun do sinn vum Schroeder & associés, vum Projet Sechere Schoulwee, vum Pedibus, do sinn e puer Saachen déi e muss diskutéieren. Déi zweet Saach ass och wichteg, de Schäfferot huet e Bréif gemaach un de Minister Bausch. Dir wësst jo dass et eng ideologesch Idee war vum der „Ponts & chaussée“ dass eis Nationalstroossen an „chemins repris“ do sinn fir ze befuere. Et brauch een nëmmen bis op Oetteng ze fueren, do ass och eng „départementale“ Strooss an do gi Bockelen drop gebaut fir d'Vitesse eraus ze huelen. An ech mengen do ass, och duerch de politesche Changement, um Ministère eng Partie Ëmdenke komm. Wei den Här Brücher scho gesot huet, jiddereen muss aus de Féiss sprangen wann een mam Auto kënnt, dat gehéiert och zu deenen ideologeschen Terminologien, do si mir bei de „zones de rencontre“, do si mir bei de Moyene fir d'Vitessë ze reduzéieren, nottamment zu Kayl op der Eisebunnsbréck. An dat ass e bëssen ähnlech. Wann e Kand um Trottoir iwwerrannt gëtt ass dat dem Buergermeeschter seng Schold. Mir müssen eraf vum der Schinn, deen hannert dem Steirrad setzt huet déi gréisst an eenzeg Verantwortung. D'Gemeng huet d'Obligatioun d'Schëlter ze setzen, mee wann do steet et ass 50 an ee fiert mat 90, dat ass un den „forces de l'ordre“ fir ze kontrolléieren an déi eegen Verantwortung. Dat heescht dass mir konsequent wëllen op d'Schinn goen „zones de rencontre“ ze maachen, zu Téiteng wei et undiskutéiert ass, dat schéngt jo och méiglech ze sinn soulaang et e „Chemin repris“ ass. An ech stelle mir vir dass mir de Problem an der Escher Strooss, wann ee vum Potto kënnt, nëmmen an de Grëff kritt wann een eng richtig Moosnam hellt an d'Vitesse do komplett eraus hellt. Dofir gi mir bei de Minister Bausch. Dat ass eng Initiative déi mir als Schäfferot geholl hunn.

Eng zweet Informatioun ass, dass mir amgaang sinn den service technique opzerüsten, mat engem Logiciel dee Schroeder & associés entwéckelt huet, wou ee kann kafen an online d'Modifikatiounen vum Verkéiersregle-

ment maachen. Ech hat mam Raymond Künsch riets doriwwer, wou mir sote mir loossen et saiséieren, well dat ass vill méi einfach wéi wann een vun eise Beamten do setzt an all d'Stroossen antippt. Sou kréie mir den aktuelle Stand geliiwert, et kascht och e bëssen méi deier fir dat maachen ze loossen, mee da si mir direkt operationell an kënnen déi Amendementer direkt aginn. Bléift awer den Hick dass fir d'éischt alles muss beim Staat gutt geheescht ginn. Also nach emol, ausser wann de Gemengerot elo anerer Meinung ass, ass elo den denkbar schlechteste Moment fir Bricolage um Verkéiersreglement ze maachen. Ech géing iech bieten bei dëser Linn ze bleiwen.

Här Birchen wëllt dir eppes soen als President vum der Verkeierskommissioun?

Carlo Birchen, Conseilljer (LSAP):

Nee Här Buergermeeschter, ech schlësse mech der Saach un, mir hu laang doriwwer diskutéiert an sinn eis eens dass et besser ass ze waarden an ze sammelen bis mir d'Etude vu Schroeder & associés hunn. Et war ob alle Bänken Konsens, dass mir gesot hunn mir man global en anstännegen Dossier a ginn domat an de Gemengerot.

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Här Becker, ech mengen dir schwätzt jo och an ärer Fraktioun mat äre Leit et huet keen vun äre Verrieder an der Verkéierskommissioun gesot déi Positioun wär onhaltbar.

Romain Becker, Conseilljer (DP):

Jo et war just fir op e puer Punkten hinzeweisen, wou een hätt kennen eng Mesure huelen fir déi Situatiounen z'entschäerfen. Anerer kenne méi laang waarden, do wou et wierklech geféierlech ass wär et awer gutt wann een direkt kéint eppes ënnerhuelen. Ech gesinn do verschidde Prioritéiten an dem Dossier.

John Lorent, Buergermeeschter (LSAP):

Jo wei gesot, déi Prioritéite kennen och deelweis ganz arbiträre sinn. Mir hunn déi Linn, wann Problemer sinn gitt äre Leit se mat an d'Verkéierskommissioun, dat gëtt diskutéiert an mir ginn och ganz oft op d'Plaz kucken. An wei gesot, mir müssen dat ganz Verkéiersreglement emol op de Leescht huelen an et am Gemengerot adaptéieren. Nächste Punkt.

Romain Becker, Conseilljer (DP):

